n°4/ 2025













# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
## DU 2.6.2025

# maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL


Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP


Loris Spina,
échevin LSAP


Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP


René Manderscheid,
échevin LSAP


Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP


Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP


Romain Zuang,
conseiller LSAP


Roby Goergen,
conseiller LSAP


Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP


Diogo Costa,
conseiller LSAP


Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV


Françoise Kemp,
conseillère CSV


Claude Martini,
conseiller CSV


Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV


Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng


Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng


Marc Meyer,
conseiller DP


Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR


Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°4/2025 - Parution: août 2025 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE

Rapport sommaire en français **4**

**1. Correspondance** **5**

**2. Organisation scolaire** **5**

Approbation de l’organisation scolaire provisoire 2025/2026 de l'enseignement fondamental

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents :** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries et Monsieur René Manderscheid, échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Monsieur Diogo Costa ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen ; Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Messieurs Patrick Bausch, secrétaire communal ; Yves Goergen, secrétaire communal adjoint.
**Absents :** Mesdames Claudia Dall'Agnol, échevine et Martine Bodry-Kohn, conseillère communale, excusées.
**Délégations :** Madame Claudia Dall'Agnol, échevine, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte, pour l'ensemble des points à l'ordre du jour, à Monsieur René Manderscheid, échevin.
Madame Martine Bodry-Kohn, conseillère communale, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte, pour l'ensemble des points à l'ordre du jour, à Madame Fabienne Dimmer, conseillère communale.

Début de la séance publique à 17.00 heures.

**1 – Correspondance**
Il n'y a pas de correspondance à l'adresse du conseil communal.

**2 – Organisation scolaire provisoire 2025/2026 de l'enseignement fondamental**
Le conseil communal approuve, avec les voix de tous les conseillers communaux, l'organisation scolaire provisoire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2025/2026.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos. Des décisions relatives à l'organisation scolaire de l'année 2024/2025 et à la réaffectation des institutrices et instituteurs de l'enseignement fondamental sur la première liste sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos. Fin de la séance vers 18.55 heures.

# GEMENGEROTSSITZUNG VUM 2. JUNI 2025



## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Gudde Moien, ech géif Iech alleguerte ganz häerzlech begréissen, ech begréissen och d'Vertrieder vun der Press, déi zou eis fannen. Haut um Ordre du jour geet et virun allem ëm d'Approbatioun vun der provisorescher Schoulorganisatioun vum Joer 2025-2026 am Fondamental. Mir sinn och do un zäitlech Delaie gebonnen, fir effektiv och hei déi provisoresch Approbatioun guttzeheeschen.

Éier mer awer do an dee Punkt méi déif eraginn an och ëm d'Virstellung kommen, nach e puer Formalitéiten. Ech hunn zwou Procuratiounen hei virleien, eng vum Claudia Dall'Agnol, dat eng Procuratioun hei dem René Manderscheid gëtt, an eng vum Martine Kohn, dat eng Procuratioun dem Fabienne Dimmer gëtt. Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer op den Ordre du jour eriwwer ginn. Ënner Korrespondenz hu mer direkt näischt, soudass mer direkt op den zweete Punkt vun eisem Ordre du jour kënnen iwwergoen, nämlech déi provisoresch Schoulorganisatioun.

## 2. SCHOULORGANISATIOUN 2025/2026

**Approbatioun vun der provisorescher Schoulorganisatioun 2025/2026 vum Enseignement fondamental**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech begréissen do engersäits de Generaldirekter, de Joël Michaux, an awer och de Responsabele vun eisem Service Enseignement, den Tom Michels, an awer och de Responsabele vun eisem SEA, den Erni Hoffmann. Dat sinn déi Servicer, déi mat dobäi sinn an ech ginn do d'Wuert direkt weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, dat d'Presentatioun wäert maachen. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci fir d'Wuert, ech géif dann direkt ufänken, ech kommen zur provisorescher Schoulorganisatioun an dëst fir d'Rentrée 2025-2026. Wéi gewinnt hutt Dir am Virfeld natierlech ëmmer erëm all d'Dokumenter virleien, d'Schoulorganisatioun, de Ressort scolaire hutt Dir kritt, deen hate mer jo am Januar schonn ëmgeännert. Dir hutt och d'Circulaire, d'Surveillancepläng, de PEP an d'Rapporte vun der Schoulkommissioun gehat a mir hate jo och Diskussiounen an der Schoulkommissioun selwer. Bon, de Contingent, dee mer fir dëst Joer kruten, dat waren 3.480 Leçonen, plus 7 Leçone fir de Projet Wildnispedagogik a 55 Leçone fir den Appui am C1 an 241 Leçone fir den Appui am C2 bis 4. Dat mécht en Total vun 3.783 Leçonen. De Contingent ergëtt sech aus dem Encadrement de base vun deenen 1,75 pro Schüler ass an da kënnt den Encadrement social dobäi an deen ass liicht an d'Luucht gaangen, par rapport zum leschte Joer, an deen ass och elo op 0,2511 pro Schüler. An da krute mer awer och am Contingent nach 14 Leçone fir d'Ëmsetze vun de PDSen an de Schoulen, an deene siwe Schoulen.

Well mer manner Contingenten dëst Joer kruten, an dat ass zeréckzeféieren do drop, datt manner Schüler do sinn, et si vill Schüler fortgaangen an doduerch verléiere mer natierlech och u Stonnen am Contingent. A virun allem am C1 verléiere mer 22 Leçonen an am C2 bis 4 verléiere mer 49 Leçonen. Dofir ass et och relativ gutt, datt d'Effectiffen an de Klassen net ze héich ginn, ech mengen, fir datt awer d'Kanner all déi Ënnerstëtzung kréien, déi se brauchen. Wat awer och wichteg hei ze soen ass, an dat ka vläicht den Här Michaux herno eis e bësse méi erklären, Dir wësst jo, datt mer am C1 den Assistant, den AEBS dobäi kréien, déi gi lues a lues agefouert. Dat ass den Assistant pour enfants à besoins spécifiques, an d'lescht Joer hate mer der zwee do kritt, an elo dëst Joer, ech mengen, dat kann éischter den Här Michaux beäntweren, mee dat ass awer och eppes wat, wat ëmmer hëlleft an de Klassen, bei de Kanner.

Beim Precoce, do kréie mer 26 Stonnen Educateur, déi stinn och op der Schoulorganisatioun mat drop, an dat pro Klass, dat heescht mir kréien 8 mol 26 Stonne fir en Educateur am Precoce derbäi ze hunn. Wichteg, an et ass awer och, dat muss een awer och soen, mir kruten am Mäerz de Contingent. Wann een elo kuckt, wat geännert huet bis Mee, do si scho rëm grouss Verännerungen, do si scho rëm 10 Kanner manner wéi am Mäerz. An elo, wann een et vergläicht mam leschte Joer, dann hu mer 15 Kanner manner an eise Fondamental wéi d'lescht Joer. Bon, dann, wat och an der Schoulorganisatioun mat dran ass, an dat hu mer och an der Schoulkommissioun diskutéiert, dat ass déi drëtt Sportstonn. Déi wäert zu Diddeleng gemaach ginn. Déi fannen net all an den Turnhale statt oder mat engem Transport, mee d'Schoulpresidenten hunn eis do virgestallt, wéi si déi drëtt Sportstonn wäerten organiséieren.
Dat ass also e feste Bestanddeel vun der Schoulorganisatioun an et ass och esou, et gëtt esou applizéiert, wéi et am Plan d'études steet.

Dann de Projet Wildnispedagogik. Do krute mer 23 Leçonen an awer hors Contingent a siwe Leçonen zur Verfügung gestallt vun de Presidente vun deenen anere Schoulen. Do muss ech e grousse Merci soen, well ech mengen, grad elo, wann den Appui manner do ass, dann ass et en immens grousse Geste fir eis, déi siwe Stonnen do awer nach zur Verfügung ze stellen. Zum Projet selwer: Dëst Joer konnt en, och wéi d'lescht Joer, scho 50 Klasse vum Projet profitéieren an de Bau vun der Blockhütt, deen, wann der net

ëmmer an d'Le'h gitt an dat vläicht net gesitt, deen ass amgaangen, an ech mengen do freeë mer eis op d'Resultat.

Da kommen ech zum Cours d'accueil, do behale mer déi 138 Leçonen hors Contingent, beim IEBS, do kréie mer 3,5 Leçone méi, dat sinn der dann elo 148. An d'ESEB - an déi hu mer elo net an der Schoulorganisatioun gesinn - och do hu mer 20 Leit zur Verfügung, déi awer ganz vill am Alldag an de Schoulen dem Personal ënner d'Äerm gräifen.

Dann zur Opdeelung vun der Klassenzuel, déi bleift d'selwecht wéi d'lescht Joer, dat sinn der 127, just datt d'Moyenne vum Mäerz bis elo op 14,8 erofgeet. De Precoce, dat ass wichteg och vläicht ze soen, do hu mer aacht Klassen, mir hunn 143 Inscriptiounen, dovunner sinn der nach 4 op der Liste d'attente, well mer net wëssen, ob se an déi Struktur kënne goen. Dat kucke mer dann ëmmer zum Schluss, wou nach fräi Plaze sinn, da kënnen d'Kanner awer do vum Precoce profitéieren. A-B-Gruppen, do hu mer da 47 Kanner, an am E sinn et 92 Kanner.

D'Zuelen am Precoce, déi bleiwe stabil. Do huet sech net ganz vill verännert, par rapport zum leschte Joer. A ganz vill Leit ginn hir Kanner net an de Precoce, dat hate mer och geschwat an der Schoulkommissioun, well se net wëllen, datt d'Kand dräimol wiesselt. Dat heescht d'Crèche, de Precoce an dann d'Spillschoul, dat sinn dräi Wiesselen an doduerch sinn och ganz vill Leit, déi dann d'Kanner an der Crèche loossen. Dat bedeit natierlech och, datt mir an der Crèche manner Plaz hunn, wann se net an der Precoce ginn. Bon, op alle Fall, dat ass eppes wat mer och geschwat haten, dat hu mer och hannerfrot, eist Personal aus de Crèche motivéiert awer ëmmer fir d'Kand de Precoce ze ginn, well dat eng Plus-value awer ass fir d'Kanner, fir dohinner ze kommen.

Fir de SEA, fir d'Betreiung vum Precoce an der Maison Relais, do hu mer 107 Kanner op der Lëscht, mir hunn der 88, déi konnte mer direkt eranhuelen, do ass en Deel, deen ass nach op der Waardelëscht, déi sinn och an den A-B-Gruppen, dat heescht déi erfëllen d'Krittären net, dat wäerte mer och nach spéider eng Kéier kucken.

Dann zu deene verschiddene Schoulen. Butschebuerg kritt eng Klass bäi am 2-1, do sinn 28 Kanner, déi deelen déi dann op. Um Deich maachen se eng Klass manner am C2-2 an dat eenzegt, wat eppes méi kritesch ass, da sinn dann immens héich Effectiffen. Mee si deelen se awer dann an zwee op. Dat selwecht hu mer an der Gaffelt, do ginn aus dräi Klassen, déi de Moment am 2-2 sinn an am 2-3, doraus ginn am 3-1 zwou Klasse gemaach. An och hei sinn d'Effectiffe bei 18, dat ass ëmmer eppes, wat ee gutt muss am Aen halen. Lenkeschléi mécht zwou Klassen am 4-1, dofir awer eng manner am 3-2. Ribeschpont, do kënnt eng Klass bäi, den 2-2 an den 2-3. Strutzbierg bleift onverännert, do muss een awer soen, do sinn och ganz héich Effectiffen, zemools beim C1, mee och do ka vläicht den Här Michaux eis herno eppes derzou soen. De Brill bleift onverännert, just datt déi 4 Klassen, déi wësst Der, déi komme vum Baltzeng eriwwer an déi plënneren an de Container, wou mer och amgaange sinn elo de Moment scho Klassen ze amenagéieren. Dat zu de Klassen.

Ech wëll awer e Wuert nach soen iwwert de Projet Alpha, well mir hunn dee jo och virgestallt an der Schoulkommissioun. Dat ass e ganz wichtege Projet. Dee Projet leeft bei eis hei zu Diddeleng säit 2022 um Deich a wäert viraussichtlech fir d'Rentrée 2026-2027 flächendeckend agefouert ginn. Dat bedeit natierlech eng grouss Erausfuerderung, éischtens un d'Direktioun, zweetens mengen ech och un d'Léierpersonal, awer och un eis als Gemeng, well och wa mer net all Sall duebel brauchen, brauche mer sécher awer méi Säll wéi virgesinn. Mir hunn hei zu Diddeleng schonn d'Bestandsopnam gemaach, mir souze schonn zesummen. Wat e bësse méi schwiereg ass, ass wann an engem Gebai nëmmen all Cycle eemol ass. Da gëtt et schwiereg fir d'Klassen ze dedoubléieren, eng Kéier Franséisch, eng Kéier Däitsch. An duerfir, dat ass dat eenzegt, wou mer musse kucken. Mir hunn awer och Gebaier, a mir hunn dat an der Bestandsopnam fonnt, do kann ee méi kleng Säll och notzen. De Klassesall muss net ëmmer 64 Meterkaree hunn, och méi kleng Raim ginn duer fir heiansdo, well mer jo ni wësse wie geet an d'Däitscht a wie geet an d'Franséischt.

Dann, zur Alphabetisatioun insgesamt: Mir krute jo de Projet virgestallt, op Franséisch oder op Däitsch, an ouni elo hei eng Conclusioun ze zéien - ech mengen, dat ass nach vill ze vill fréi, mir sinn nach am Ufank vun deem Projet – dat ass awer eppes, wat e ganz positiven Effekt op d'Kanner huet. Dat hunn si eis och esou virgestallt, déi wou an der Schoulkommissioun waren an och d'Elteren hunn d'Angscht ofgeluecht. Well am Ufank war e bëssen d'Angscht, jo, wat maachen ech, wéi, wou geet mäi Kand hin? Ech mengen, dat sinn alles Problemer, déi elo net méi um Deich bestinn. De Projet leeft gutt an d'Ufanksängschte si fort. Voilà, duerfir, mir bereeden eis elo drop vir, fir dann déi nächst Schoulen ze maachen.

Da kommen ech zum PEP (plan d'encadrement périscolaire). Och deen hu mer virgestallt kritt an der Schoulkommissioun. Den Här Hoffmann war do an en huet eis dee presentéiert. Dir hutt och am Virfeld all d'Informatioune kritt iwwer all d'Haiser, iwwer d'Personal, iwwer d'Ouvertureszäiten, d'Elterenaarbecht, d'Aktivitéiten, d'Zesummenaarbecht och mat anere Servicer. A wann ech elo dee ganzen Dossier géif auserneenhuelen an alles esou ukucken, wéi vill Aktivitéiten do gemaach ginn a wéi vill Aarbecht do geleescht gëtt am Sënn vun de Kanner. A virun allem ass et wichteg- dat fënnt een och am Dokument erëm- et ass net nëmmen Aarbecht am Sënn vun de Kanner, mee et ass och ganz vill Elterenaarbecht, et si ganz vill Echangë mat der Schoul, an ech mengen dat ass eppes, wat wichteg ass, si maache gemeinsam Concertatiounen, gemeinsam Aktivitéiten, Participatioune vun de Bilansgespréicher vun den Educateuren, si notze gemeinsam Raim an och gemeinsam Büroen deelweis an de Schoulen. Ech mengen, datt dat eppes ass, wat ganz wichteg ass, an datt mer hei zu Diddeleng do awer eng gutt Zesummenaarbecht huet, a virun allem, wann Dir d'Circulaire gelies hutt, ass et jo eigentlech awer och e Wonsch vum Ministère, fir datt déi zwee méi no beienee réckelen a méi Echangen hunn.

Dann hate mer an deem ganzen Dossier eppes, wat erauszehiewen ass, d'Semaine de la transition, dat ass eppes, wat ganz wichteg ass, wat mer d'lescht Joer agefouert

hunn, déi éischte Kéier, an dat ass och ganz gutt ukomm, virun allem bei den Elteren. Do kënnen d'Eltere mat de Kanner an d'Maison Relais kommen an deen éischten Dag och do bleiwen. Si kënne Froe stellen, d'Personal kenneléieren, ech mengen, dat ass jo och eppes, dat ass wichteg, wou kënnt mäi Kand hin, an da kënnen d'Kanner, wann den Dag vun der Rentrée ass, sech och a Rou an ouni Stress do agewinnen.

De Container Brill, dat ass eng Struktur, déi mer bäikréien an do wäerte mer haaptsächlech C-1-Kanner dra bréngen. Dat hate mer jo gesot, dat ass da méi e kuerze Wee och fir déi Spillschoulskanner. Dat si virun allem Kanner vu Baltzeng, do hate mer eng Waardeléscht, also do hu mer 48 Kanner vu Baltzeng, déi mer erabréngen an den Agrement, dee mer kréien, dat wäerten eng 75 Plaze sinn. Déi méi grouss Kanner vum C2 an C3, déi ginn dann an d'Schwämm an an d'Maison Relais. Wat vläicht awer wichteg ass, do gesäit een, mir hu bei der Maison Relais dëst Joer 1.460 Demanden erakritt. Dat si 76 % vun eise Kanner aus dem Fondamental, déi eng Plaz an der Maison Relais brauchen. Mir kruten 73 Demandë méi eran ewéi d'lescht Joer. Och dat ass eppes, wat nach ëmmer an d'Luucht geet. An de Moment hu mer nach 80 Kanner op enger Waardeléscht. Mee do musse mer kucke bis d'Rentrée, ob do nach Saache changéieren an ob mer nach dat eent oder anert Kanner kënnen eranhuelen.

Da wëll ech awer nach e puer Wuert iwwer d'Médecine scolaire soen. Ech mengen, och dee Rapport krute mer virgestallt. Si waren am Januar an der Schoulkommissioun an si hunn eis hire ganze Service presentéiert an alles, wat se maachen. Ech muss soen, an ech mengen do ware mer unanime der Meenung, datt mer ganz frou sinn, datt mer dee Service nach zu Diddeleng hunn, datt deen esou fonctionéiert. An si leeschte ganz vill Aarbecht an de Schoulen, och an de Maison Relaisen. Ech wëll do e puer Beispiller soen: D'Kanner, déi en Examen médical gemaach kruten, waren 1.200 Kanner. Dann den Examen dentaire, dee gemaach ginn ass, dat waren 1.333 Kanner. Si hunn Hörtester gemaach a 47 Klassen, bei 737 Schüler. Den Ishihara-Test, deen ass och a 14 Klasse gemaach ginn. Si hunn 61 PAIe gemaach. Och dat ass eppes, wat ganz wichteg ass.

An da kënnt de Volet social nach derbäi, wou se och de Kanner an den Elteren eng Hëllefsstellung ginn am Alldag. Bei Éducation à la Santé maachen se ganz vill Ateliere fir gesond Ernärung, Promotioun vun der Beweegung, Yoga-Coursen, Vëlosatelieren, déi si mat 35 Klasse gemaach ginn, dat sinn der awer ganz vill. Da kënnt eemol d'Woch Klangpedagogik, a si hunn och en Éischt-Hëllef-Cours gemaach, mam CGDIS zesummen, fir de Cycle 4-2. De Wibbel, och dat ass eppes, wat net méi ewechzedenken ass.

Ech mengen d'Lëscht ass ganz laang, an ech wëll hinnen e grousse Merci soe fir déi Aarbecht, mee ech wëll awer och, wann ech elo um Schluss ukomm sinn, ganz ville Leit Merci soen, fir déi gutt Zesummenaarbecht, well et ass awer ëmmer esou e ganzt Joer ganz vill Opreegung an do wëll ech einfach fir d'éischt emol der Direktioun natierlech Merci soe vum Fondamental an och deem ganze Staff, deen do hannendrun ass. Dem Service Enseignement, den Tom huet déi éischte Kéier säin éischt Joer iwwerstanen, och Dir e grousse Merci, an dann de Presidenten natierlech am Comité, well si hunn erëm eng Kéier a Rekordzäit déi Schoulorganisatioun op d'Bee gestallt. Ech mengen, och dat ass eppes, wat luewenswäert ass, mat hirem Léierpersonal zesummen. Dann natierlech der Direktioun vum Erni Hoffmann, déi och ëmmer méi komplett gëtt a méi exakt a méi flott presentéiert. Och Dir e grousse Merci mat dengem Büro zesummen an dann natierlech eisem Personal aus der Maison Relais. Voilà, villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir hei d'Virstellung vun der provisorescher Schoulorganisatioun. An elo kënne jo och déi verschidde Fraktiounen hire Point de vue mat erabréngen. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER – CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Merci Josiane, fir déi rapid awer ganz ausféierlech Presentatioun. A wéi s de scho gesot hues, mir hunn dat och alles schonn an der Schoulkommissioun gesinn, mee ech mengen, et sinn awer e puer Punkten an e puer Froen, déi sech awer aus der Presentatioun an esou weider erginn. Och vun der CSV aus e grousse Merci un den Tom Michel a seng ganz Ekipp vum Schoulservice. Merci un de Joël Michaux, Direkter, an och seng ganz Ekipp, an all eis Schoulpresidenten, all eis Enseignanten, all eis Intervenanten an de Schoulen, Merci dem Erni Hoffmann vun der SEA-Ekipp an och senge Leit. An der Schoul ass et esou, do huelen eis Intervenanten an de Schoulen, de 15. September all Kand do ewech, wou et mat senge kognitive, sozialen an och emotionale Kompetenze steet. An Dir, all déi Intervenanten an eise Schoulen, probéieren all Dag all eenzele Schüler ze motivéieren, ze fërderen an ze fuerderen, awer och emol ze tréischten, seng Frustratiounen a seng Ängschten opzefänken. Talenter aus all Kand erauszekéddelen, hir Schwächten opzefänken an ze verbesseren, dem Kand seng Ressourcen ze entdecken an ze stäerken, dat ass den Alldag vun eisen Enseignanten. An eisen déiwe Respekt gëllt Iech alleguer, déi Dir all Dag um Terrain sidd a probéiert Ären Job mat enorm ville Facettë beschtméiglechst ze maachen. Dass dat net einfach ass, dat wësse mer all.

Mir als CSV, an ech mengen als Gemengerot insgesamt, kënnen Iech eise Support garantéieren. A mir als Gemengerot probéieren, op Är an de Schüler hir Besoinen ze reagéieren an de Kader ze setzen, deen Dir braucht, fir gutt Schoul ze halen, wat ëmmer dat och heescht. Mir stëmmen all Invest als CSV an eis Schoule mat. Wéi soe mer ëmmer: En Invest an eis Schoul an an eis Kanner ass e gudden Invest. Sief et Infrastrukturen, den Neibau vu Baltzeng, d'Renovatioun, d'Verbesserung vun de Gebaier, dat ass fir eis ganz normal, dass mer do derhannert stinn. Mee dat ass dat eent. Mee mir als CSV, mir leeën och Wäert drop, Iech, déi Dir um Terrain sidd, nozelauschteren.

E flotten Echange ass do d'Schoulkommissiounssëtzungen, wou all Schoul vertrueden ass a wou ganz offen d'Doleancen ausgeschwat ginn. Zum Beispill, et ass schonn ugeklonge ginn, de Ressort scolaire, deen ass deelweis och ëmgeännert ginn op eng Fuerderung vun der Deicher Schoul hin, wéi hei méi eng Flexibiliséierung gefuerdert ginn ass,

wat d'Aschreiwe vun de Kanner vum C1 ubelaangt. Do war et esou, dass zum Beispill um Deich an 3 Klassen 8 Kanner mat enge Besoin spécifique dra waren. An 3 Klasse waren 8 Kanner. An an Italien, an där enger Klass, war kee Kand. An do war d'Demande gewiescht, ob een dat net kann e bësse méi locker verdeelen. An et ass jo esou, dass d'Schoul Deich, déi besteet aus deenen zwee Gebaier Deich an Italien, an duerch d'Ännerung am Ressort scolaire hu mer et méiglech gemaach, dass do d'Léierpersonal- natierlech am Aklang mat den Elteren - ka kucken, dass d'Kanner vläicht e bësse besser verdeelt ginn, wat dann deene Kanner mat Besoin-specifiquen zegutt kënnt, awer och deenen anere Kanner.

Wou mer awer alarméiert sinn, dat ass d'Suerg vun de Spillschoulsenseignementer duerch déi wuessend Unzuel vu Kanner, déi wärend dem éischte Joer respektiv zweete Joer als Kanner opfalen a wou eventuell e Besoin spécifique besteet. Dëst bedeit, et muss en Dossier opgemaach ginn, vill Rapporten, Entrevuë mat den Elteren asw., manner Zäit fir an der Klass ze schaffen, respektiv vill Iwwerstonne fir virun allem d'Léierpersonal aus dem C1, deelweis och nach aus dem C1. 2. 2. Eng konkreet Fro, wéi vill Dossieren hunn eis Schoulen dëst Joer opgemaach?

Interessant ass och vläicht ze wëssen, a wéi enge Schoulen, och wa mer dat vläicht liwwer an engem Huis-clos wéinst der Confidentialitéit kënnen diskutéieren. D'Léierpersonal huet och festgestallt an hire Presentatiounen, dass les démarches sont trop longues et de plus en plus compliquées pour la déclaration d'enfants à besoins spécifiques. Et ass et och immens schwiereg, se a Kompetenzzentren ënnerdaach ze kréien, wou d'Kanner kënne besser encadréiert ginn. Do ass och eng konkreet Fro: Wéi vill Kanner vun Diddeleng ginn am Centre de compétence betreit? A wéi vill Kanner sinn zum Beispill dëst Joer dohinner geschéckt ginn?

Schwiereg ass et och fir d'Léierpersonal emol e fäerdegen Dossier zesummenzekréien. An net nëmme fir d'Léierpersonal, mee och fir d'Elteren. En Avis vum Pedopsychiater, vum Neurolog ass gefrot. D'Waardezäit beim SCAP fir d'Evaluatioun läit oft bei engem Joer. D'Prozedure gi verlängert. An dat ass leider net esou einfach. A Simplification administrative gesäit anescht aus. An dobäi huet an eisen Aen d'Léierpersonal d'Kompetenz, fir eng Evaluatioun ze maachen. Mee ech denken, hei ass esou en Apparatchik entstanen, wou déi Evaluatioune vun honnert Säiten dann accordéiert musse ginn an ofgehaakt ginn, wat awer dem Kand selwer net ëmmer zegutt kënnt a virun allem och fir d'Elteren eng grouss Belaaschtung ass, zemools wa schonn den Doute ausgeschwat gëtt, dass vläicht d'Kand extra Besoinen huet. An da mussen d'Elteren nach kucke wéi se eens ginn, fir déi Rendez-vousen anzehalen. An, wéi gesot, doduerch kënnt et och dozou, dass vill Kanner awer laang, laang waarde fir eng Diagnos ze kréien. An dann, wéi gesot, wann se sollten an de Kompetenzzenter kommen, dann ass dat nach laang net evident, well do och net vill Plaze sinn.

Voilà, dat ass eng Doleance och vum Spillschoulspersonal. Et huet elo geheescht, dass mer, fir dem Spillschoulspersonal ënnert d'Äerm ze gräifen, déi AEBSen och hei zu Diddeleng asetzen. D'Fro ass, mir haten der elo zwee, et sollten der lo nach bäikommen. Vläicht kann den Här Michaux eis och do nach soen, wéi vill AEBSen ageplangt sinn, fir do am C1 och dem Léierpersonal ënnert d'Äerm ze gräifen. Wat wierklech och ganz wichteg ass. Oder ginn déi och an anere Cyclen agesat? Dat ass och nach eng zousätzlech Fro.
An natierlech an dësem Zesummenhang ass och vläicht scho wichteg ze wëssen, ech mengen do kann den Här Michel mer vläicht Bescheed soen, wéi vill Kanner mer da lo scho mat engem Dossier EBS hu fir de September? Wéi vill da schonn ugemellt sinn?

Well wann ech elo aus menger Praxis schwätzen, ech hu Kanner, déi scho suivéiert gi vun der Rééducation précoce an Hëllef fir de Puppelchen, da soen ech ëmmer Dir musst dat soe bei der Umeldung, dass Är Kanner schonn e Suivi hunn, dass do schonn eng Enquête gelaf ass, dass et e Kand ass, wat extra Besoinen huet. Ech weess, dass d'Elteren dat net ëmmer ganz gäre maachen. Mee ech denken. et ass awer wichteg dorop hinzeweisen an och dat ze froen. Mir kënnen den Eltere soen, mellt dat. Mee do sinn der awer och de 15. September mat esou engem Dossier do stinn an dann ass d'Léierpersonal komplett iwwerfuerdert et weess jo guer net, wat se mat deem Kand solle maachen. Do denken ech ëm, ass dat sécher net vu Muttwëll, wann envisagéiert gëtt - den Här Michaux hat eis dat an der Schoulkommissioun gesot, vläicht kann en elo nach en Detail derzou ginn - dass virgesinn ass, dass insgesamt ëmmer nach en zweeten Intervenant an den Cycle 1 soll derbäikommen, wéi dat jo och am Precoce ass a wou dat jo och net vu Muttwëll ass. Voilà.

Mee och mir als Stad Diddeleng si gefuerdert. Virun engem Joer hu mer mam LISER hei am Gemengerot eng Konventioun ënnerschriwwen iwwert zwee Joer. Do sollt e sozialen Observatoire vun der Stad Diddeleng opgestallt ginn. D'Zil ass, eng Radiografie vun der Stad Diddeleng am Kader vun hirer Entwécklung iwwert déi lescht dräi Joer ze maachen. Wou sti mer haut? A wéi eng Richtung entwéckele mer eis? Et sollt e reegelméissege Suivi vun der sozialer Situatioun vun Diddeleng gemaach ginn, fir ze hëllefen, d'Bedürfnisser besser ze verstoen, fir e Plan de cohésion sociale auszeschaffen. D'Fro: Éischtens emol, et huet geheescht mir géifen do e Tëschebilan eng Kéier presentéiert kréien. Et ass elo e Joer hier. Vläicht weess de Schäfferot do elo scho méi. Dann ass et och esou, dass de LISER och responsabel, entre guillemets, ass fir den Indice social fir d'Koeffizienter auszerechnen, fir déi opzestellen am Optrag vum Ministère. An Esch huet zum Beispill d'Demande gemaach fir deen Indice social fir all Quartiersschoul ze definéieren. A wéi mir d'Diskussioun haten hei iwwer eis Konventioun mam LISER, hat d'CSV och d'Demande gemaach, dass dat awer vläicht och eng gutt Iddi wär, dass mer beim Ministère ufroen, dass de LISER och méi eng differenzéiert Analys mécht vun de Quartieren, fir och, well mer jo schliisslech Quartiersschoulen hunn, fir vläicht och do kënnen eise Contingent oder eisen Indice social e bëssen anescht ze gesinn oder méi quartiersbetount ze gesinn. Da gëtt de Contingent pro Schoul berechent an et kann een dann och aner Stonne vläicht och erafroen.

Meng Fro ass: Do huet et geheescht, dat kéinte mer maachen, do ass meng Fro: Ass dat gemaach ginn? Ass déi Demarche gemaach ginn? Well de Contingent , deen Diddeleng kritt, jo, dee gouf bis elo ëmmer am Dialog tëscht alle Schoulpresidenten, Intervenanten a mat der Direktioun beschtméiglech opgedeelt. Jo, et gëtt probéiert op d'Spezifizitéit vun der Schülerpopulatioun, vun de Foyerskanner, vun den Accueilskanner, vun den Nouveau-Arrivanten, vun den EPIen an esou weider Rücksicht ze huelen. Mee wa mer dat schrëftlech hätten, da kéime keng Diskussiounen op. Momentan leeft dat gutt, mee et weess een net wéi et herno leeft. An do wär et vläicht net schlecht, wa mer do eng Pièce à l''appui hätten. Eng intrakommunal Quartiersanalys géif eis en Outil ginn, soen ech, fir vläicht de Klasse méi Appui ze ginn, méi IBSen ze ginn, wann et néideg ass. An et géif och an den Optrag vun eiser Konventioun mam LISER eraspillen, eng sozial Analys vun der Stad nach méi quartiersspezifesch ze kréien.

Voilà. Ech soen dem Här Michaux och villmools Merci, well bei eis zu Diddeleng, do gëllt de Motto: Tout enfant habitant le territoire de la ville, dat gëtt bei eis illico scolariséiert. Dat ass nach laang net an alle Gemengen esou. An ech fannen dat och ganz wichteg, oder mir fannen dat och ganz wichteg, dass d'Kanner geholl ginn, soubal se hei zu Diddeleng wunnen an an eng Schoul integréiert ginn. Dass dat net einfach ass, dass déi Kanner oft mat engem schwéiere Bagage kommen, däers si mer eis ganz kloer. An ech mengen, déi Kanner, déi hunn et oft net esou einfach, fir sech direkt ze integréieren. Zemools wann se am Laf vum Schouljoer heihinner kommen an och aus anere Länner. An heiansdo och aus Länner, déi ganz, ganz wäit ewech sinn, wou an d'Schoul goen eppes aneschters bedeit wéi bei eis. Mee ech fannen deen Usaz extreem wichteg a mir begréissen dat explizitt.

Zur Schoulorganisatioun, do ass en Haapttheema, wat eis e bësse perturbéiert oder beschäftegt, soe mol esou, dat sinn d'Allongementer. Den Här Michaux hat d'lescht Joer gesot, dass en Allongement haaptsächlech eppes an der Spillschoul, respektiv nom zweete Schouljoer am Cycle 1 bréngt.  An et huet geheescht, de Ministère géif eng Analys maachen. Dat hate mer d'lescht Joer gesot kritt. Wat geschitt mat den Allongementskanner? Wéi vill vun hinnen evitéieren de Modulaire? Meng Fro un den Här Michaux, ass do schonn eppes komm? Wësse mer do scho méi? D'Allongementer, mir hu gesot kritt, jo, mir leien an der Moyenne. Bon, wann ech awer elo kucken, d'Allongementer, dat heescht, wann een ee Joer nach eng Kéier widderhëlt, mee et nennt een et net widderhuelen, mee wann een einfach nach e bësse méi intensiv dee Programm nach eng Kéier matmécht, hu mer eng Moyenne vu fënnef Prozent an eise Schoulen zu Diddeleng. Mee mir hunn awer Quartiersdifferenzen. Dat geet vun 11,2 Prozent Allongementer bis 1,6 Prozent. Dat heescht, do si scho grouss Ënnerscheeder. An ech denken, dat schwätzt dann och fir déi Analys, déi ech virdru gefrot hunn, dass mer quartiersspezifesch eng Analys maachen, vläicht fir den Indice social och méi quartiersspezifesch ze gesinn. Da kënne mer och vläicht besser reagéieren op déi Problematiken, déi mer kennen, déi mer och esou geréieren, awer vläicht awer schwaarz op wäiss vläicht eng Kéier kënne besser cadréieren.

An dann ass eng Fro, ob et nach opportun ass, nom fënnefte Schouljoer, d'Schüler net méi an de Rallongement ze schécken, wann se e gewëssenen Alter hunn, mee op d'Alliance ze schécken an de Modulaire. Wuelwëssend, an ech mengen dat ass en neie Faktor, dass d'Schoulflicht op 18 Joer eropgesat gouf. D'lescht Joer war d'Argument, mir huelen de Kanner ee Joer Pai, well se hir Modullen eréischt méi spéit ufänken an och eng Léier kéinte méi spéit ufänken. An de Lycéeë geet awer elo d'Angscht ëm, dass d'Patrone soen, majo, et ass dann elo eng Schoulflicht bis 18 Joer, haalt d'Kanner an äre Schoulen. An do ass meng Fro, ass do eng Analys gemaach ginn, respektiv wéi vill Kanner hu mer nom fënnefte Schouljoer op eng Septième geschéckt? An déi essenziell Fro ass natierlech och, wat kann d'École fondamentale de Kanner vun zwielef Joer méi bidden, fir se awer léiertechnesch nach weider ze bréngen, respektiv ass do vläicht eng nei Pist an de Lycéeën ugeduecht? Och vläicht éischter eng Fro un den Här Michaux. An et huet geheescht, vill Kanner hunn eng geréng Sproochkompetenz beim Passage an de Lycée. Wat kënne mir als Schoulen do maachen, fir dat ze verbesseren? Sécher ass eng Pist d'Alphabétisation en français. Do huet et och geheescht, do kéint am Kader vun Épreuve-standardiséen eng Evaluatioun vun de Kanner kommen. D'Fro ass, ob dat och zu Diddeleng gemaach ass an ob mer do scho Resultater hunn? Déi hate mer de leschte Kéier an der Schoulkommissioun nach net. Voilà. Wat mer begréissen, dat ass d'EBS-Stonnen, dass déi an d'Luucht gesat ginn. An d'Fro ass elo, ob elo all Schoul e Plein-temps-Posten huet? An ech denken, dass dat ganz, ganz wichteg ass, fir eeben dem Léierpersonal och ze hëllefen, deem ënnert d'Äerm ze gräifen.

Eng aner Fro, déi vläicht elo nach guer net ugeklongen ass, dat ass, ab Ouschteren hu mer en Handyverbuet an eise Schoulen. Et huet geheescht, Diddeleng géif vläicht eng gemeinsam Charte ausschaffen oder ass et esou, dass do all Schoul hiren eegene System entwéckelt? D'lescht Joer an der Schoulkommissiounssëtzung hate mer och rieds gehat iwwert d'Doleancë vum Léierpersonal. Do war gesot ginn, dass et bei der Informatik e bësse gehappert huet. D'Doleancë waren, dass et Streamingaschränkunge géif ginn, fir den Enseignanten hir privat Supporten. An do huet et geheescht, et gëtt en extra Reseau geschaf. An do ass meng Fro, ob dat geschitt ass? An ob och déi Zesummenaarbecht mat deem Groupe de travail, mat den Informatiker, ob dat gutt klappt oder ob nach ëmmer relativ vill Doleancen do sinn? Ech kommen zu de Gebaier, och eppes, wou mir als Gemengerot eeben och verantwortlech sinn, dass dat alles gutt klappt. Jo, et ass elo esou, dass déi Baltzenger Kanner an de Brill ginn. Et ass elo grad gesot ginn, wéi eng Kanner an de Container géifen ze iessen. An d'Fro ass awer elo, wéi ass et elo mat de Spillschoulskanner aus dem Baltzeng? Ginn déi och an de Container an d'Schoul? Oder, mir als CSV haten éischter d'Propos gemaach, dass d'Spillschoulskanner all géifen am Briller grousse Gebai an der Schoul bleiwen, fir dass se dann och kéinte problemlos an dee klenge Schoulhaff goen. Well soss mussen se jo esou wéi an enger klenger Pressessioun da vun dem Container eriwwer lafen an dee klenge Spillschoulsschoulhaff, well dee jo awer méi adaptéiert ass fir si. An, wéi gesot, do musse mer kucken, wéi dat an der Realitéit herno geet.

Et huet geheescht, vläicht maache mer aner Horairen, mee bon, dat musse mer kucken oder ass do eng aner Pist vläicht ugeduecht ginn? Och huet et geheescht, de Schoulhaff Brill, dee soll nach adaptéiert ginn. Et huet geheescht, wann de Chantier am Gebai fäerdeg ass, da kucke mer nom Schoulhaff. Sinn do schonn nei Momenter? Dann, wou mer awer guer net zefridde sinn, dat ass mam Transport vun de Schüler fir an d'Kantinnen an d'Maison Relaisen. Et huet ëmmer geheescht, mir schaffen do dorunner, fir esou mann ewéi méiglech d'Schüler ze transportéieren. Et sinn awer nach Klasse vu Butschebuerg, déi an de Ribeschpont ginn. Et sinn nach ëmmer déi vum Deich, déi op de Strutzbierg ginn. A virun allem, wat mer guer net verstinn, dat ass, dass déi vun der Gaffelt nach ëmmer an de Ribeschpont musse goen. Do huet et d'lescht Joer am November geheescht, mir hunn dat opgestockt, eis Maison Relais, eis Kantinnen, d'Kantinsplazen an der Gaffelt sinn op 190 Kanner opgestockt ginn an do huet et geheescht, den C4 geet - mir schwätzen elo vum November 2024 - nach op de Ribeschpont.

Mir ginn dem Personal Zäit, fir sech ze adaptéieren, et ass organisatoresch schwiereg. Ab Dezember 2024 bleift den C4 dënschdes an donneschdes awer an der Gaffelter Schoul an ab Januar kucke mer nach emol wéi et weidergeet. Elo krute mer awer hei de Planning, dass awer nach ëmmer d'Kanner, méindes, mëttwochs, freides, mussen an de Ribeschpont gefouert ginn, fir do ze iessen. Mir hu jo awer déi 190 Plazen. Meng Fro ass, firwat klappt dat net?
An ech denken, mir mussen och do, wat elo de Planning ubelaangt, d'Butschebuerg si mer jo amgaang iwwer eng nei Maison Relais an dem Bongert nozedenken. De But muss sinn, dass d'Kanner esou mann ewéi méiglech mat de Busser oder wéi och ëmmer mussen an der Mëttegstonn hin- an hier kutschéiert ginn, well och d'Kanner hu Recht op eng Mëttespaus ouni an engem Bus ze sëtzen an ouni esou hin- an hier gerappt ze ginn.

De Planning vun de Gebaier, wéi gesot, och dat ënnersteet dem Gemengerot. An deem däitschen Aarbechtsgrupp huet et geheescht, dat leeft ganz gutt, vläicht wär et och do interessant, do eng Kéier en Tëschebilan gemaach ze kréien, vläicht an enger Schoulkommissiounssëtzung. Geet et do just ëm d'Konzept oder geet et och ëm d'Gebailechkeeten, d'Gebailechkeeten, do si mir natierlech als Gemengerot méi gefuerdert, do ass och d'Fro, wat ass do ugeduecht? Mir haten déi Fro scho gestallt, wéi mer vun den Tribüne vum Stade Jos Nosbaum geschwat hunn. Do war esou e Croquis do vun enger Buvette, déi och sollt gemeinsam genotzt gi mat der Deicher Schoul. Do hu mer scho gefrot, dass mer do vläicht e bësse méi transparent kënne gewise kréien, a wéi eng Richtung et geet. Vläicht wësst Dir do scho méi.

Da kommen ech nach kuerz zum Precoce. Jo, d'Demande vun dem Grupp E, déi geet an d'Luucht. Dat war vun Ufank u virauszegesinn. Dofir si mir frou, dass mir hei zu Diddeleng awer esou vill wéi méiglech de Kanner kënnen entgéintkommen an den Elteren, fir hinnen awer och e Mëttesdësch an och eng Prise en charge globale souzesoe kënnen unzebidden. Jo, eis Crèchë si super a mir sinn e Succès vun eise gutt funktionéierende Crèchen. D'Madamm Di Bartolomeo huet et gesot, d'Kanner ginn net gär fort vun do. An ech denken, dass mer awer da mussen och méi Reklamm maachen, net nëmme fir eis Kanner, eis grouss Kanner an der Crèche, dass se fortginn, well mer soss och keng Plazen hu fir nei Puppelcher, mee awer och an deene private Crèchen, well, wéi gesot, do schwätzt och kee Lëtzebuergesch. Dat ass eeben e Fakt. Dass mer déi Kanner awer esou fréi wéi méiglech och bei eis an de Precoce integréieren. Do huet et och geheescht, et géif eng Kéier eng Evaluatioun gemaach ginn, ob de Precoce eppes bréngt, wat elo d'Sproochentwécklung ubelaangt. Do ass meng Fro - ech froen dat all Joer - an et heescht ëmmer, jo, mer mussen dat eng Kéier maachen. Vläicht ass de Ministère elo mëttlerweil schonn e bësse méi wäit a sengen Demarchen? Vläicht hu mer do schonn nei Chifferen?

Zu de Maison Relaisen, zu de PEPen, Merci och do fir déi Ausaarbechtung vun deem dach impressionnanten Dossier, an et si just e puer Froen. Et gëtt hei geschriwwe vun enger Visitt am Centre Formida an am Spillzenter afin d'inspirer l'équipe sur le concept du système ouvert, vläicht kënne mer do ganz kuerz gesot kréien, wat do ugeduecht ass. Ech denken e Konzept ass ëmmer gutt, mee ech denken, virun allem muss awer och e bëssen eng Kohärenz sinn tëschent dem Konzept an der Schoul, dem Konzept an der Maison Relais, net dass do esou e Clash heiansdo kënnt, wéi et op verschidde Sitten de Fall ass. Mir haten dat kuerz ugeschwat an der Schoulkommissioun.
Travail en réseau, des réunions avec les équipes pluridisciplinaires sont organisées. Do steet dann zum Beispill de SCAS, ESEP, ONE, Assistants parentaux, Centre de compétence. An do steet awer zum Beispill d'Médecine scolaire net an all Schoul dran. An dat ass eppes och wat d'Josiane Di Bartolomeo ënnerstrach huet. Mir hunn awer eng Schoulmedezin, déi eng wäertvoll Aarbecht mécht an déi d'Aarbecht däerf net ënnergoen. A mir si stolz op eis Schoulmedezinn, dat ass eng eng Plus-value, déi maachen Aarbechten um Terrain, déi maache sozial Aarbecht. An ech denken, dat ass extreem wichteg, dass mer déi och valoriséieren.

A wat mer beim Travail en réseau e bëssen opstéisst, datt ass, dass als éischt do de SCAS steet, an als drëtten den ONE, an dann hunn ech léiwer d'Reflexioune vun der Lenkeschléi: Pour les enfants qui ont une histoire et un comportement difficile. Nous essayons de travailler avec tous les acteurs de la famille afin de ne pas nous opposer les uns aux autres, mais de trouver une solution. Ech wëll dat nach eng Kéier mat op de Wee ginn. Ech denken den Dialog, grad och mat den Elteren, an egal wéi schwiereg d'Situatioune sinn, muss un alleréischter Stell stoen, éier iwwer SCAS, ONE, an esou weider geschwat gëtt. Dat läit eis och ganz vill um Häerz.

D'Zesummenaarbecht Schoul-SEA, jo, se ass heiansdo méi intensiv, heiansdo manner, en Echange quotidien, eng Übergabe ass bei deenen enge Schoulen explizit dran, bei deenen aneren ass et normal. A mir begéissen explizit och am September déi Semaine de transition a, wéi gesot, mir ënnerstëtzen dës Schoulkommissiounsorganisatioun, et sinn e puer Bemollen nach dran, wou ee sécher nach kann dru schaffen. E positiivt Léierklima, e séchert Ëmfeld

fir d'Kanner an d'Enseignanten, dat ass ganz wichteg, den Dialog an den Austausch ass wichteg a Felicitatioun un all Intervenanten, dee säi Bescht gëtt, fir dass dat hei zu Diddeleng esou gutt wéi méiglech leet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci der Madamm Kayser.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech wëll mech de Mercie vu menge Virriednerinne gären uschléissen. Déi ganz Aarbecht, déi hannert esou enger Schoulorganisatioun stécht, ass enorm. Mat sämtlechen Affektatiounen a Reaffektatioune vun Enseignanten, Educateuren, sämtleche Lëschten, de Stonnepläng, dem Festhale vun der Collaboratioun tëscht der Schoul an dem SEA am PEP, dat alles- an ech hunn elo sécher nach dat eent oder anert vergiess a menger Opzielung - ass en Exercice, deen sech elo iwwer Méint gezunn huet an och nach déi nächst Méint fir Aarbecht wäert suergen, dass fir d'Rentrée den Encadrement vun de Kanner kann assuréiert ginn. Dofir e grousse Merci der Madamm Di Bartolomeo Ries fir d'Presentatioun elo grad vun, a virun allem awer och fir déi vill Aarbecht, déi si selwer an awer och d'Ekippe vun de Gemengeservicer Schoul a SEA eragestach hunn. Deemno Merci dem Tom Michel an dem Erni Hoffmann an hiren Ekippen. Merci vun eiser Säit aus och un de Joël Michaux a seng Direktiounsekipp, esou wéi de Schoulcomitéë mat hire Presidenten, déi vill, fir déi vill gutt Aarbecht, déi si geleescht hunn. Net ze vergiessen dann e Merci un all eis Enseignanten an Educateuren, déi un an an all de flotte Projeten an Aarbechtsgruppe schaffen an dat nieft hirer viller Aarbecht um Terrain mat de Kanner. Och fir all dës gutt Aarbecht wollt ech vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir e Merci vun eiser Säit aus auszeschwätzen.

Wann ee sech an der Preparatioun op dëse Gemengerot nach eemol seng Notizen, d'Rapporte vun de Schoulkommissiounen, de PEP an déi aner Dokumenter ukuckt, gëtt engem alljoers ëmmer erëm bewosst ,wéi vill flott Projeten an eiser Gemeng souwuel an der Schoul wéi och an der Betreiungslandschaft stattfannen. Ech ginn elo net op all Projet aus dem PEP an, soss sëtze mir nach ëm Mëtternuecht hei. Mee et mierkt ee gutt, dass bei eiser formaler an nonformaler Bildung weiderhin zesumme wiisst wat zesumme gehéiert, wann een et aus der Siicht vum Kand kuckt an ëm déi geet et jo schlussendlech. Et ass schéin ze gesinn, dass op all de Sitten d'Kanner an d'Elteren heivu kënne profitéieren, sief et op de Fester, den Transitiounswochen an den diverse Projeten, awer och déi Professionell aus béide Bildungszweiger profitéiere vun dëser Collaboratioun mat de gemeinsame Concertatiounen, de Wäerter, déi si festhalen, de Kennenlern-Brunche fir d'Eltere vun deene méi klenge Kanner, dem Poste vum Responsable à l'inclusion, fir nëmmen e puer Elementer dann awer ze nennen.

Dann hu mer jo nach Projeten, wou mat anere Gemengeservicer Offere geschaf ginn a wou Brécke geschloe ginn. Rezent nach an der Tëlee ze gesinn, wou beispillsweis eise Service Santé scolaire, deen nieft der Aarbecht am sozialen a medezinesche Beräich och an der Educatioun à la santé net méi ewech ze denken ass. Mat de véier grousse Voleten an der Preventioun, wou en an der Agenda huet, dat an der Santé dentaire, der Activité physique, der Alimentation saine an dem Bien-être, sou konnt een am Reportage zu de Vëlosateliere feststellen, dass dëst Beispill och iwwert déi véier Voleten erausgeet. Et ass engem, fannen ech nach eemol méi bewosst ginn, dass wann een Diddeleng mat Kannerae kuckt, wéi wichteg et ass, sech sécher am Alldag kënne fortzebeweegen. Ëmmer manner Kanner léiere Vëlofueren, ma d’Erléieren heivu verschaaft de Kanner eng autonom Mobilitéit, déi iwwert d'Trëppelen erausgeet. Dat huet an der Echelle vun engem Quartier, respektiv enger Stad d’Potenzial, d'allgemeng Mobilitéit an de Quartiere laangfristeg ze beaflossen, wa mir déi sécher Ramebedéngungen op de Stroossen heifir schafen, Stéchwuert De sécher Schoulwee.

Dëst war dëst Joer jo och oft Theema am Kader vum Projet Baltzeng. E Projet, wou mir an dëser Ronn e puermol diskutéiert hunn an als Gréng frou driwwer sinn, dass och wann d'Preparatioune schonn amgaange sinn, déi richteg Aarbechte selwer geschwë kënne lassgoen. Och hei wäerte warscheinlech nach déi eng oder aner Schweessdrëpse bei de Servicer an dem educative Personal fléissen, bis da fir d'Rentrée alles reiwungslos ka lassgoen, ma mir bleiwen do optimistesch. Optimistesch, well ee muss soen, dass de Prozess bis dato awandfräi vun de concernéierte Büroen, de Gemengeservicer a vum Schäfferot ugaange ginn ass. Och wa mir heiansdo eenzel Kritikpunkten ugefouert hu bei Detailer, sou si mir iwwerzeegt dovun, dass dat klappe wäert fir d'Rentrée an doriwwer eraus.

Optimistesch si mir och bliwwen, wéi mir an der Circulaire du printemps gelies hunn an och an der Schoulkommissioun héieren hunn, dass de LISER am Mäerz den Indice social determinéiert huet, deen elo fir déi nächst dräi Schouljore gülteg ass. Dësen ass liicht eropgaange vun 1,997 Lektioune pro Kand op fir déi nächst dräi Joer 2,0011 Lektiounen. Dat si knapps manner wéi dräi Stonnen op déi ronn nonzénghonnert Kanner gekuckt. Och wann eis dat elo net zwéngend rett, sou weess een awer mol zumindest, dass fir déi nächst dräi Joer, dass hei iwwer dëse Contingentsberechnungsschlëssel u Ressourcen näischt wäert verluer goen. Dass um Enn mat manner Kanner och manner Stonnen an eisem Dëppe sinn, läit an der Natur vun der Saach, et stellt d'Schoulen awer virun Erausfuerderungen. Méi grouss Klasseneffectiffe mat méi Appuisstonnen oder méi kleng Effectiffe mat manner, voire guer kengem Appui. Dat si keng einfach Decisioune fir Schoulen, virun allem well d'Erausfuerderungen um Terrain ëmmer méi grouss gi sinn déi lescht Joren.

Mir stellen dann och fest, dass de Cycle 2 duerch d'feelend Previsibilitéit vun de Rallongementer oft muss decidéieren, ob eng oder zwou Klasse gemaach ginn, respektiv dass no engem Joer mussen aus enger Klass zwou Klasse gemaach ginn. Eng flächendeckend Méiglechkeet vun enger franséischer Alphabetisatioun versprécht an eisen Aen emol virun allem de Kanner ze hëllefen, en Echec ze verhënneren, well se bis elo d'Sproochebarrière am Ufank vun der schoulescher Lafbunn eventuell net gepackt hunn.

E Projet, wou mir och an der Schoulkommissioun d'Geleeënheet haten, den Detail vum Alldagsgeschäft ze gesinn

an och ze erliewen, mat wéi vill Passioun d'Enseignanteën, ech mengen et war en Enseignanteën a keen Enseignant derbäi, aus dem Pilotprojet dëst elo schonn ëmsetzen. Och d'Simulatioun vum Besoin un Infrastruktur, déi leeft, weist, dass hei d'Schouldirektioun an d'Gemeng ganz wäitsiichteg ënnerwee sinn, fir de Moment ze preparéieren, wou dëse Projet viraussiichtlech flächendeckend agefouert wäert kënne ginn. Wou ech mir de Weekend d'Circulaire du printemps nach eemol duerchgekuckt hunn a grad d'Campagne vum Ministère Screen Life Balance am Hannerkapp hat, sinn ech iwwert den Abschnitt am Kapitel Gestion des écoles gestolpert zu de Recommandatiounen a punkto informateschem Material. Hei gëtt recommandéiert, dass d'Schoulen zwee verschidden Internetreseaue sollen hunn, ee fir d'Kanner mat méi Restriktiounen an ee fir d'Enseignanten ouni dës Restriktiounen. Ech weess, dass Wi-Fi an Internet ëmmer mol Theema an de Gebaier ass oder war, dass op dësem Plang scho vill geschitt ass, ech wollt awer hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir nozefroen, ob mir hei de Recommandatiounen als Gemeng gerecht ginn an an all de siwe Schoule performant Wi-Fi-Reseauen hunn, ee méi restriktive fir d'Kanner an een onageschränkte fir d'Enseignanten?

Zum Schluss da wéilt ech - an et ass wuel fir d'leschte dëst Schouljoer - kuerz op de Schoulsport agoen. No de rezenten Diskussiounen, déi mer haten, notamment nach an der Schoulkommissioun, ass et fir mech awer e wichtege Moment, fir kuerz Bilan ze zéie vun der Diskussioun, déi an dësem Joer mol méi, mol manner sachlech gefouert ginn ass. Et erméiglecht mir och, nach eemol Messagë richtzestellen, déi bei eenzelnen Enseignanten, déi an der leschter Schoulkommissioun geäussert hunn, dass si d'Fro nom Schoulsport perséinlech opgeholl hunn, an dass et grad bei deene Leit esou ukomm ass, wou et richteg leeft. Dat hat ech zwar am leschte Gemengerot scho gesot, dass mir wëssen, dass et schonn op ville Plazen an Diddeleng esou leeft, wéi et virgesinn ass. An ech hat erkläert, dass mir einfach viséieren, dass all Enseignant, all Klass an all Kand kann dem Plan d'études nogoen a mir bei der Schoulorganisatioun, Infrastruktur an Trajeten als Gemengerot eise Rôle hunn, fir dat, wat am Plan d'études steet, och als Gemeng ze erméiglechen.

D'Kompetenz vum Erstellen an Arrêtéiere vun der Schoulorganisatioun ënnersteet der Gemeng, laut Gesetz vum 29. Juni 2017. Dobäi muss d'Schoulorganisatioun vun de Gemengen de legalen Obligatiounen an Horairë gerecht ginn an d'Sport- an d'Schwammstonne mussen an der kommunaler Schoulorganisatioun enthale sinn. Et ass net eise Rôle, op den Terrain kontrolléieren ze goen, ma d'Oppositioun muss awer hei am Gemengerot d'Wuert ergräifen, wann eppes net an der Schoulorganisatioun festgehalen ass, wéi d'Gesetz et virgesäit. Dat ass jo de Grond, wisou mir deen Exercice och haut hei maachen. An et ass fir eis och vu Relevanz, wa mir iwwer Trajeten an Infrastruktur diskutéieren, well et de Gemengebudget beaflosst. Am Virwuert zu eiser Motioun am Mäerz hate mir och dofir ausdrécklech betount, dass se sech net géint eenzel Enseignanten, net géint eenzel Cyclen, net géint eenzel Schoulen, net géint de Schoulservice, net géint d'Direktioun an och net perséinlech géint d'responsabel Schäffin riicht. Dat war mir deemools wichteg ze soen, an dat ass et mir och haut nach eemol. Ech fannen, dëse Message schaaft d'Rumm fir sech iwwerhaapt konstruktiv kënne mam Theema Schoulsport ze befaassen. Mir waren net bei all Ronn dobäi, wou dat wat hei geschwat ginn ass, rapportéiert ginn ass. Mee an der Kommunikatioun ass et normal, dass beim Erëmerzielen ëmmer mol kënne Saache schiflafen. Mir bedaueren deemno, dass eise Message plazeweis falsch ukomm ass. Dat hu mir och esou an der Schoulkommissioun gesot an dofir hu mir déi Diskussioun virleschte Mëttwoch och esou gutt a wichteg fonnt.

Kommunikatioun ass hei wichteg an dofir wier et mir e Wonsch, wa mir och um Wording vigilant wieren. Ech gesinn do jo och den Dossier net als Feuilleton, wéi et an der Schoulkommissioun geheescht huet, well ech fannen, dass et eng Thematik ass, déi awer een unanime Vott am Gemengerot mat sech bruecht huet, wou ee sech deemno parteiiwwergräifend eens an der Saach ass, dass se wichteg ass. An deem Zesummenhang wéilt ech och net déi wichteg parlamentaresch Aarbecht ronderëm de Sujet relativéieren, wou ëmmerhi mëttlerweil zwou Question-parlamentairen sech domat beschäftegt hunn, ënner anerem eng vun eisem Député-Maire, a Stand elo, enger Äntwert vum Minister. Ech géing et deemno, fir am Journalistejargon ze bleiwen, éischter an der Aktualitéit, jo deemno wéi esouguer à la Une gesinn. Säit zwee Joer, Dir wësst et, si mir eigentlech derhannert, dass mir dat afuerderen, wat de Kanner zousteet. Déi drëtt wéchentlech Schoulstonn. An dat och op deene Plazen, wou dëst, aus wéi enge Grënn och ëmmer, nach net stattfënnt. Och hei wësst Dir, dass dräi Stonne wéchentlech grad esou gutt op d'Woch A an d'Woch B ënner enger Zwoustonnen-Véierstonnen-Opdeelung kënne stattfannen, wat vun der Planung an der Logistik hier méi einfach ass.

Iwwert déi zwee Joer krut mir op deenen ënnerschiddleche politesche Bünen a Bezuch op d'Grënn, wisou net all Cycle 2 an Cycle 3 Klassen de virgesinne Sport huet, ënner anerem geäntwert: Dat war nach ëmmer esou. Da kann den Titulaire net méi eppes am Franséischen oder Däitsche fäerdeg maachen. Eng Ausso vun der Majoritéit hei am Gemengerot. Ech stellen deemno fest, dass eis Suerge berechtegt waren, bei dësem Theema och dohannert ze bleiwen. Well zumindest déi lescht Ausso ass nach gefall, wou de Strutzbierg scho fäerdeg war. Dës Ausso, dësen Ausrutscher, confirméiert sech da Mëtt Mee, wou mir feststellen, dass Diddeleng an der Äntwert op eng Question parlementaire mat véier vun aacht Schoulen national optaucht, wou de Minister confirméiert, dass an deene Grondschoulen net iwwerall déi aktuell vum Plan d'études virgesinne Sportstonnen effektiv offréiert ginn, an dat mat enger allgemenger Erklärung vum Wisou.

An eisen Aen ass et och zum Deel d'Confirmatioun vun deem, wat vun Elteren, Enseignanten a Kanner un eis erugedroe ginn ass. Et ass an eiser Liesaart och keen Un-de-Pranger-stelle vun Eenzelnen oder vun eenzelne Schoulen, well de Minister a senger Äntwert an eisen Ae ganz sachlech a fair vis-à-vis vun de Schoule vum Listing ass an d'Infrastruktur an de Vierdergrond stellt, bei méigleche Grënn, a seet, et géing regional no Léisunge gesicht ginn. A genau

hei ass jo eise Punkt. Mir sinn als Gemeng responsabel dofir, de Schoulsport ze erméiglechen, an der Schoulorganisatioun a bei der Infrastruktur. Et ass deemno och net d'Schold vun enger gestallter Fro, wann d'Äntwert, déi ee kritt, engem net gefält.

Op enger positiver Nott wéilt ech meng Stellungnam awer ophalen, positiv festzehalen, dass mir hei unanime decidéiert hunn, gemeinsam Diskussioune mat der Regionaldirektioun, de Schoulpresidenten an de Schoulcomitéen ze féieren an d'Schoulkommissioun am Virfeld vum Gemengerot iwwert déi nei Organisatioun vum Schoulsport ze informéieren an hiren Avis dozou unzefroen, sou wéi dat am Schoulgesetz vun 2009 festgehalen ass. D'Madamm Di Bartolomeo-Ries huet et jo och grad gesot, si fënnt d'nächst Joer statt ewéi virgesinn. Dat freet eis

.

Den Enseignanten, de Comitéen, de Comitéspresidenten, der Regionaldirektioun, dem Schoulservice an der Schoulschäffin op dëser Plaz e ganz groussen eescht gemengte Merci. Nieft der politescher Diskussioun heibannen zu deem Sujet weess ech, dass am Hannergrond sech vill Gedanke gemaach gi sinn, ëm de Schoulsport an déi genannte Leit ganz aktiv waren a sinn um Volet Schoulsport an driwwer eraus. Frou ware mir driwwer eis ugepasste Motioun unanime am Gemengerot am Mäerz ze stëmmen. Dat ass de gesetzleche Kader aus dem Règlement grand-ducal vum 11. August 2011, deen den Inhalt an d'Unzuel vun de Schoulsportstonne festhält, déi an der Schoulorganisatioun festgehale gëtt.

Hei wieren eis Froen dozou dann, just ob mir dat, wat mir gestëmmt hunn, am Hierscht virgestallt kréien an et dann an déi definitiv Schoulorganisatioun afléisst, souwéi mer et jo festgehalen haten? Am Kader vun eiser Motioun stoung jo och nach den Abschnitt am Raum, wou mir am schrëftlechen Dokument vun der Schoulorganisatioun, wou beispillsweis och d'Schwammen erkläert ass, festgehalen haten, dass mir do och géifen déi drëtt Sportstonn eventuell mat A-B-Wochenopdeelung dra festhalen. Hu mir dat esou richteg verstanen, dass dësen Abschnitt eréischt fir d'definitiv Schoulorganisatioun am Hierscht dra stoe kënnt? Dat waren am Fong eis eenzeg Froen, déi eis un de Schäfferot nach bleiwen.

Eng Schoulorganisatioun ass e komplexen Exercice, wéi ech a menger Intro scho gesot hunn, an och wann et sécher e ganz wichtege Sujet ass, sou geet et eeben net just ëm de Schoulsport beim Opstelle vun enger Schoulorganisatioun, och wa mir eis elo geziilt an där Saach abruecht hunn. An der Schoulorganisatioun geet et ëm de risegen Exercice op eise ville Sitten an Encadrement ze schafen, dee vu fréi moies bis spéit owes den Asaz vu ganz, ganz ville Leit verlaangt. Dës Leit, déi d'Schoulorganisatioun opstellen an och déi Leit, wou am Alldag assuréieren, dass et ëmgesat gëtt am Sënn vun de Kanner, maachen all Dag e schéinen, mee och e ganz fuerderenden Job. Och wann d'Diskussioune mol méi haart an der Saach gefouert gi sinn, si mir frou driwwer, dass dës provisoresch Schoulorganisatioun steet, déi mir och esou wäerte matstëmmen. Op anere Plazen am Land, an do muss een net méi wäit goen, wéi bei Är Kolleege vun Esch, gëtt d'Schoulorganisatioun wéinst eenzelne Kritikpunkten net matgestëmmt. Mir sinn do awer ganz frou, hei kënnen de Wee vun der konstruktiver Oppositiounspolitik ze goen, fir an der Saach virunzekommen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och dem Här Steffen fir seng Stellungnam, gëtt et nach weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Merci. Fir d'éischt emol, wéi alleguerten déi aner Fraktiounen et och gemaach hunn, wéilt ech am Numm vun eiser Fraktiounen natierlech och allen Acteuren, déi an der Ausaarbechtung vun dëser provisorescher Schoulorganisatioun geschafft hunn, eisem Schoulservice, säit dem 1. Januar un der Leedung vum Tom Michel, dee seng éischt Organisatioun ganz gutt hikritt huet. Merci och der Ekipp vun der Schouldirektioun, ënnert der Leedung vum Joël Michaux, de Schoulpresidentinnen a -presidenten, de Leit aus hire Comitéen, wéi och allen Enseignanten net ze vergiessen, en décke Merci, awer och en décke Merci dem Erni Hoffmann a senger Ekipp fir d'Opstelle vum PEP a fir déi geleeschten Aarbecht um Terrain.

Si alleguerten hunn et erëm fäerdeg bruecht, zu engem fréien Zäitpunkt vum Joer eng equilibréiert Schoulorganisatioun op d'Been ze stellen. Mir sinn um Niveau vum Provisorium a wëssen, dass et nach zu weidere Changementer um Niveau vun de Klassenzuelen, vun de Klasseneffectiffe wäert kommen, duerch Kanner, déi bäi- respektiv fortplënneren, duerch Allongementer, wou nach keng Decisioune feststinn, an där hu mer jo nawell vill. Den Tom hat an der leschter Schoulkommissioun och bemierkt, dass d'Zuelen am Wocherhythmus wiesselen. Mir hu schonn Ënnerscheeder gemierkt vun der enger Schoulkommissioun vum Mäerz op déi vum Mee. Fakt ass eeben, dass d'Schülerzuel par rapport zu 2024 ëm 30 Schüler erofgaangen ass. Dat huet natierlech eng Inzidenz op de Contingent a schliisslech och op d'Zuel vun den Appuistonnen. Minus 22 fir den C 1, minus 49 fir den C 2-4, dat ass vill. Dofir ass et och gutt, dass d'Moyennen awer trotzdeem vun de Klasseneffectiffen iwwer Diddeleng bei ëm déi 15 Kanner an alle Cycle leien. An d'Klasse mat méi héijen Effektiver oder mat méi schwierege Schüler ginn awer trotzdeem nach wie vor ënnerstëtzt. Sou ass et also positiv och, dass den Indice social, dee vum LISER am Mäerz fir dräi Joer festgeluecht gouf, liicht eropgaangen ass. Wat ee positiven Afloss och op de Coefficient d'encadrement huet. Dat bréngt alt erëm e puer Stonne Contingent méi.

Positiv ass och, dass mer dräi an eng hallef Stonne méi IEBS kréien oder kritt hunn, an dass warscheinlech dann och vläicht niewent deenen zwee AEBSen, déi mer am C 1 hunn, dass do vläicht dann och an der nächster Zäit nach deen een oder anere bäikënnt. Trotz dem zolitte Verloscht vun Appuistonnen hunn d'Schoulen awer nach nees siwe Stonne fir de Projet Wildnispedagogik zur Verfügung ginn. Si stinn also fest hannert dësem Projet, deen immens sollicitéiert ass an dee bestëmmt nach e bësse méi flott gëtt, wann d'Blockhütt, wou d'Aarbechten ugefaangen huet, bis fäerdeg ass. Beim Precoce, jo, et kann ee wierklech nëmme soen, ass quasi alles identesch wéi d'lescht Joer. D'Zuel

vun den Aschreiwungen no der éischter Aktualiséierung vum 14. Mee louch bei 144 Kanner. D'Aschreiwunge fir d'Prestatioune vum SEA sinn och souzesoen déi selwecht wéi d'lescht Joer. Och wa ronn zwee Drëttel vun den Elteren hiert Kand an de Precoce aschreiwen, datt een als Succès ugesi kann, sou bleift awer deen aneren Drëttel, ëm déi 80 Kanner sinn dat an dësem Fall, an enger Crèche ageschriwwen, an dat trotz den Avantagen, déi de Precoce besonnesch par rapport zu enger privater Crèche bitt, notamment d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch zum Beispill. Mee fir eenzel Leit ass dat keng Plus-value méi. Si wëllen hiert Kand net an ee Precoce umellen, deen net am selwechte Gebai wéi d'Spillschoul respektiv der Schoul läit, wou d'Kand herno hi goe soll. Et kann een novollzéien, et ass net falsch, mee bon, wann ech moies d'Kand an enger Crèche ofsetzen, déi och net am selwechte Gebai ass wéi dat, an dat d'Kand herno an d'Spillschoul geet, da kéint ech awer och novollzéien, dass effektiv d'Elteren awer och de Wee kéinten da bis bei de Precoce maachen. Bon, eis Gemengecrèchë maachen dobäi nach Reklamm fir de Precoce. Et hëlleft awer näischt fir d'Leit ëmzestëmmen.

Da freeë mer eis och iwwert de Succès vum Pilotprojet Alpha - Zesumme wuessen, deen et säit 2022 gëtt. Déi Damme Blaise a Kolbach aus dem C2 vum Deich hunn eis en Abléck an de Projet duerch Videoen a spezifescht Schoulmaterial ginn. Si hunn eis awer och déi vill Defie beschriwwen, déi et gëllt ze geréieren, notamment d'Organisatioun vun den Horairen, den Aarbechtsgrupp an der Deicher Schoul, d'Echangë mat deenen aneren dräi Schoulen, wou de Pilotprojet Alpha stattfënnt. Dann awer nach eng Kéier, ech hunn och beim Här Steffen dat elo esou erausgehéieren, ob et wierklech fest ass, dass 2026-2027 d'Aféierung vum Projet an alle Schoulen am Land virgesinn ass. Et héiert een, dass ganz vill Gemengen infrastrukturell net prett wären. Problemer ginn et jo besonnesch a méi klenge Schoulen, wou et nëmmen eng Klass pro Cycle gëtt. Zu Diddeleng ass schonn esou eng Simulatioun vun de Schoulinfrastrukture gemeet ginn, an do gesäit et net schlecht aus. Mir wären ze soe prett. Et waren do an der Schoulkommissioun Froen, wou sinn dann nach Knackpunkten hei zu Diddeleng, wou hu mer méi Problemer fir mam Projet kënnen duerzefueren?

Zum PEP dann, jo, deen ass Partie intégrante vun der Schoulorganisatioun. D'Dokument ass gemeinsam mat de Schoulpresidenten opgestallt ginn. De gemeinsamen Objektiv ass dee vun der Qualitéit, fir en héichqualitativen Encadrement vun de Kanner ze assuréieren. Den A an den O vum Zesummeliewen, SEA a Schoul ass eng gutt Kommunikatioun, de Wëllen, openeen duerzegoen. D'Kollaboratioun an d'Echangen, Integratioun tëschent dem SEA an der Schoul, natierlech och mat den Eltere gi gesicht. Et si weiderhi vill gemeinsam Aktivitéiten tëschent Schoul a SEA geplangt. Déi, déi scho gutt geklappt hunn, gi weidergefouert, et ginn awer och ëmmer erëm nei Iddien. Et ass flott, ze liesen, dass Initiative vun der Schoul ausginn, fir d'Leit aus dem SEA am Schoulbetrib ze integréieren, sief et duerch e reegelméissegen Echange tëschent Schoulpresidenten a Responsabele vum SEA vum Site, op Plazen esouguer, dass sech de Büro gedeelt gëtt, oder d'educatiivt Personal, wat u Cyclesversammlungen, Bilansgespréicher oder am Schoulcomité participéiert, d'Léierpersonal, dat ubitt, bei Projete vum SEA sech anzebréngen.

Et ginn awer och Initiative vum SEA aus, déi sech zum Beispill ubidden, mat Klassen an d'Schwämm oder op Ausflich ze begleeden, fir domat Hand unzepaken, wann dat gewënscht ass. D'gemeinsam Organisatioun vu Fester oder vun Ateliere schénge gréisstendeels zur Selbstverständlechkeet ginn ze sinn, grad ewéi d'gemeinsam Notzung vun de Schoul- respektiv SEA-Infrastrukturen. Da begréisse mer och d'Organisatioun vun der Semaine de l'enfance, déi elo am Mee stattfonnt huet, an der Semaine de la transition virun der Rentrée, wou d'Kanner mat den Elteren sech kënnen déi nei Struktur ukucke kommen. Et liest een am Dokument och vill iwwert d'Inklusioun a Reseausaarbecht. Ënnert Travail en réseau fënnt een ëmmer erëm d'Zesummenaarbecht mat villen Organismen. Ech soen se emol vläicht einfach esou wéi se do stoungen, ONE, SCAS, ESEP an esou weider, a selbstverständlech och mat der Responsable à l'inclusion als Beroderin op, wéi och mat eisem Service Santé scolaire, op deen ech awer och wéilt kuerz agoen. Jo, dëse Service, deen eng ganz grouss Plus-value duerstellt, well mer deen inhouse hunn, wat oft laang Weeër erspuert, leescht vill a wäertvoll Aarbecht am Interesse vun der Gesondheet vun eise Kanner. Bei de ville medezineschen Exame sinn och hei zwou Assistantes d'hygiène sociale, d'Manon Haag an d'Myriam Homann dobäi, vu dass d'Sozialaarbecht Partie intégrante vum Bilan de santé vun engem Kand ass.

D'Sozialaarbechterinnen hu ganz vill Dossieren, déi sech awer net einfach chiffréiere loossen, vu dass et der mol gëtt mat méi engem kuerze Suivi, anerer mat engem méi längere Suivi, heiansdo iwwer Joren. D'Assistantë schaffen an enker Zesummenaarbecht mat dem Léierpersonal, dem SEA, der Direktioun, ONE, Parquet, SCAS, Office Social an esou weider. D'Infirmièren hunn dëst Joer, also 2023-2024, net manner wéi 61 PAIen, Projet-d'accueil-individualiséen, dat waren eng gutt Dose méi wéi d'Schouljoer virdrun, opgestallt, woubäi d'Allergie alimentaire de Gros duerstellt. Dës sinn extreem wichteg fir d'Dieteticienne bei der Zesummestellung vun de Menüe fir déi betraffe Kanner. Wat ech awer och wollt ervirsträichen ass, dass de Service niewent senger viller - soe mer mol - normaler Aarbecht och nach ganz vill Preventiounsaarbecht am Kader vun der Éducation à la santé, dëst mat villen Atelieren an de Schoulen, an de Klassen, ronderëm déi véier Volete Gesond Iessen, Santé dentaire, Promotioun vu physeschen Aktivitéiten an dem Bien-être mécht. Sou huet zum Beispill d'Myriam Keller nees zesumme mam Service des Sports Vëlosateliere mat 35 Klasse vum C 2-4 duerchgefouert. Dëst Joer gouf sech als Zil gesat fir all Kanner vun Diddeleng vum C 2-4 Vëlofueren ze léieren. Am Journal um RTL vum 20. Mee gouf gewisen an erkläert, wéi dës Initiatioun fir déi eenzel Cyclen ofleeft. Bravo fir dës Initiativ. Och d'Yogascoursen an d'integrativ Klangpedagogik fir déi Kleng aus dem Cycle 1-2 sinn ëmmer nach gutt ausgelaascht. De Projet Wibbel leeft selbstverständlech och ëmmer nach virun. Dofir och nach e grousse Merci vun eiser Fraktioun aus och un dëse Service fir déi vill a gutt Aarbecht. Merci alleguer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Romain Zuang fir d'Stellungnam vun der LSAP. Ginn et nach weider Stellungnamen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ma villmools Merci dann och vun eiser Säit aus un déi verschidde Servicer vum Erni Hoffmann a vum Tom Michel, un dat ganzt Personal awer och um Terrain. Ech mengen, mir gesinn, wa mer déi Dokumenter duerchkucken awer och an Diskussioune vun der Schoulkommissioun, dass d'Enseignanten an d'Educateuren sech immens vill Méi ginn, och wa vläicht emol eng Kéier ënnerschiddlech Vuen enzwousch sinn an Diskussioune sinn, dass awer jiddereen eigentlech dat ganz seriö hëlt an nëmme wëllt dat Bescht maachen. An ech mengen, dat sollte mer och esou unerkennen. E grousse Merci och un d'Direktioun a virun allem och un de Service de la Santé scolaire. Dat ass haut scho gesot ginn, ech ginn elo net nach eng Kéier op alles an, wat déi esou maachen, mee ech mengen, also et funktionéiert gutt a si maachen och eeben net „nëmmen" Santé, mee si maachen och Sozialaarbecht. An ech mengen, dowéinst ass et ganz wichteg, dass mer als Gemeng esou e Service hunn.

An de PEPe gesäit een, dass d'Zesummenaarbecht tëscht dem SEA an de Schoulen, kommt mir soe mol, grosso modo, gréisstendeels ganz gutt funktionéiert. Ech hunn et och ganz flott fonnt, dass et eng Porte ouverte gëtt an dass d'Schoulen och mol an d'Maison Relaise kucke ginn, dass eeben d'Kanner scho wëssen, wou se hikommen an e bësse preparéiert sinn. Ech war eent vun deene Kanner, déi ganz, ganz schei waren. A wann een da schonn emol weess, wat op een duerkënnt, dann ass et schonn net méi grad esou schlëmm den éischten Dag. Mir sinn och frou, dass mëttlerweil d'Zesummenaarbecht mat der Musekschoul gutt klappt, dass d'Kanner kënnen an hire Solfège-Cours goen. Bon, ëmmer déi Zesummenaarbecht, ech mengen dat läit an der Natur vun der Saach, dass dat a verschiddene Ressorte besser fonctionéiert wéi an aneren. Schued ass et natierlech, wann d'Saache komplizéiert ginn, wann d'Säll feelen, do kann een net ëmmer eppes maachen, heiansdo ass et esou. Do sti mir als Gemeng natierlech an der Responsabilitéit fir déi néideg Infrastrukturen ze stellen, an ech mengen, do brauche mer eis als Gemeng awer gréisstendeels och net ze verstoppen, wann ee kuckt wat mer investéieren an d'Schoulen a Sportsinfrastrukturen, do si mer jo elo dann erëm ganz gutt opgestallt, awer och zum Beispill eis Naturschoulhäff, an déi investéiert gëtt. Ech mengen, do brauch d'Gemeng sech definitiv net ze verstoppen.

Als Diddeleng hate mer natierlech Chance, dass mer de Pilotprojet vun Alpha op Diddeleng kruten. Ech mengen, dass dat effektiv eng Chance war. Mir gesi jo och elo mam Bilan, dass en éischter positiv ass, souwäit een dat eeben elo ka soen. A mir sinn da ganz gespaant, wéi dat wäert weidergoen, virun allem dann am nächste Joer, wann et wierklech verallgemengert gëtt. Ech sinn iwwerrascht. Ech hu geduecht, jidderee géing haut iwwert d'Iesse schwätzen, well dat ass- mengen ech- esou en Theema, dat eigentlech ëmmer opkënnt, well ëmmer jidderee sech iwwert d'Iesse beschwéiert, virun allem natierlech d'Kanner. An ech hu mer dowéinst awer wierklech mol eng Kéier Méi gemaach, well dat Theema ëmmer opkënnt. An ech si mol e bëssen op den Internet kucke gaangen, wou ech iwwregens ganz vill Saache fonnt hunn op eisen Internetsitten, ganz vill flott Linken an ënner anerem och den Iessprogramm vun den nächste Wochen, souguer mat de Valeur-nutritionellen. Also, dat ass wierklech awer schonn interessant, do kann een sech scho preparéieren. An och wa mer net live sinn, Kanner, muer gëtt et Pizza. Also dat ass jo schonn emol gutt. Mee mir wësse jo, dass et do e puer Schwieregkeete gouf a leschter Zäit, virun allem och mat der Quantitéit, mee wéi mer matkritt hunn, misst dat sech jo elo apendelen, soudass mer dann hoffen, dass et do och an Zukunft dann e bësse manner Reklamatioune gëtt, och wann ech mengen, dass dat ni ka ganz ewechfalen, well dat och an der Natur vun der Saach läit.

Natierlech gëtt et och e puer Erausfuerderungen. Et ass haut schonn ugeschwat ginn, et sinn nach ëmmer e puer Kanner, déi an der Mëttesstonn mussen de Site wiesselen. Dat ass natierlech ongläcklech. Mir gesinn awer, dass et op e Minimum reduzéiert gëtt. Dat wier natierlech flott, wann et eng Kéier guer net méi néideg wier. Mee ech mengen, do si mer eeben och e bësse gefaange mat deenen Agrementen, déi mer nun emol hunn. Et ass och schonn ugeschwat ginn, dass mer e bëssen d'Schwieregkeet hunn, dass Kanner aus der Crèche net wëlle fortkommen an net wëllen an de Precoce goen. Och dat ass verständlech, well et jo erëm eng weider Ëmgewinnung ass. Da sinn d'Kanner an d'Eltere sinn an der Crèche gewinnt an da, voilà, missten se dann erëm fir de Precoce sech ëmorganiséieren. Et schwätzt och fir eis Crèchen, dass d'Kanner wëllen do bleiwen. Mee et ass natierlech problematesch. An dat ass och scho gesot ginn, dass einfach da Plaze feelen an de Crèchen. An dowéinst hu mer eis gefrot, ob et do vläicht och Erfarunge gëtt mat anere Gemengen, ob dat en allgemenge Problem ass, dass dat an anere Gemengen och esou ass. An et bleift natierlech de Problem, mir hu ganz gutt Crèchen, mee mir hunn nëmmen 110 Plazen. Fir eng Gemeng wéi Diddeleng ass et natierlech e bësse wéineg. Et ass natierlech och gutt, wa mer méi Plazen an eise Crèchen hätten. An dann eng lescht Erausfuerderung, déi ech mer opgeschriwwen hat. Dat ass zwar elo e Punkt, deen net an der Responsabilitéit vun der Gemeng läit, mee ech wollt et awer uschwätzen, well dat an der Schoulkommissioun ugeschwat ginn ass an dem Personal awer ganz wichteg ass.

D'Madamm Kayser huet et och scho gesot, mee wann een no der Madamm Kayser schwätzt, ass et schwéier, net Saachen ze soen, déi si scho gesot huet, well si huet bal alles gesot. Dat ass de Punkt mam Contingent am C1, wou effektiv d'Enseignante soen, si ginn sech immens vill Méi, si sinn den éischte Kontakt fir d'Elteren a fir d'Kanner mam Schoulsystem an dat soll natierlech gutt funktionéieren. An do versti mer natierlech, wann do net déi néideg Moyenen do sinn, dass do e gewëssene Frust kann opkommen. Dat ass, mengen ech, verständlech. Elo kréie mer déi zousätzlech AEBSen nach, dat ass scho mol dat. An dann hoffe mer, dass dat an Zukunft e bësse besser fonctionéiert. De Contingent, deen ass och schonn ugeschwat ginn. Dee gëtt jo opgedeelt op Propos vun de Schoulen. Och dat begréisse mer, well ech mengen, d'Schoulen, dat sinn déi, déi am beschte wëssen, wat se brauchen, an déi sech am besch-

ten do kënnen organiséieren. Op nationalem Niveau gëtt jo de Contingent opgedeelt op d'Unzuel vun de Kanner an den Indice social. An och do hat ech mer déi selwecht Nott gemaach wéi d'Madamm Kayser. Nämlech, wa mer bis den Observatoire social hätten, wier et natierlech och eng Kéier interessant ze vergläichen, wéi mer do leie mat eiser Opdeelung vum Contingent mat engem Indice social tëschent deene verschiddene Quartieren, well awer och dat natierlech wichteg wier.

Ech hunn och den Exercice gemaach, eng Kéier ze vergläichen. An et schéngt schonn emol beim Appui relativ gutt ze klappen, dass mer do, wou mer relativ vill Allongementer hunn, dass mer do och- relativ gesinn- am meeschten Appui-Stonnen hunn, soudass mer mengen, dass dat awer an déi richteg Richtung geet. A verschiddene Schoulen hu mer natierlech de Problem, dass mer ganz héich Effectiffen hunn. An do krute mer och erkläert, dass dat ass, well do vill Allongementer sinn. Mee natierlech grad do wier et natierlech gutt, wa mer méi niddreg Effectiffen hätten. Bon, dat ass natierlech net ëmmer méiglech, mat de Stonnen, mat de Raim. Dat ass awer, mengen ech, alles elo Kloen op héijem Niveau, well mer gesinn, dass mer am grousse Ganzen awer relativ gutt opgestallt sinn. An dowéinst wäerte mir natierlech och dës Kéier d'Schoulorganisatioun matstëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Madamm Thoma.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Vun eiser Säit och e grousse Merci der Madamm Di Bartolomeo-Ries, fir déi gutt Preparatioun a Presentatioun vun deem ganzen Dossier, wou ganz vill Aarbecht dran investéiert ginn ass. Dann och e grousse Merci dem Tom Michel, dem Erni Hoffmann an hiren Ekippen an dem Här Joël Michaux an der ganzer Direktiounsekipp an och dem ganze Schoulpersonal. Déi ganz Schoulorganisatioun vun dësem an deem nächste Joer ass methodesch gutt preparéiert ginn, fir datt d'Educatioun vun eise Kanner hei zu Diddeleng beschtméiglech stattfanne soll, wouriwwer mir eis natierlech och freeën. Zum Alpha-Projet fanne mir, datt Lëtzebuergesch als Haaptintegratiounssprooch an eise Schoulen hei zu Diddeleng bleiwe soll. An eisen Aen ass et net gutt, wann d'Kanner scho vu Klengem un no Sprooche getrennt ginn, wat zu parallelle Gesellschafte féiert, wou d'Kanner da schonn niewenteneen amplaz matenee liewen. Mir bestinn op eng Schoul, wou d'Kanner vun allen Nationalitéiten zesumme léieren an opwuessen. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Spagnuolo.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ma als éischt emol, schléissen ech mech de Mercie vu menge Virriedner selbstverständlech och un: Der Madamm Di Bartolomeo-Ries, dem Här Tom Michel a senger ganzer Ekipp, an dem Här Joël Michaux an der ganzer Schouldirektioun, wéi och all aner Persoun, déi un dëser Schoulorganisatioun matgeschafft huet.

D'Kanner sinn eis wichteg, si sinn eis Zukunft a si sollen och déi beschtméiglechst Schoulausbildung kréien an optimaalst op d'Zukunft an op eng spéider Aarbechtswelt preparéiert ginn. Ma dat Wichtegst op dësem laange Wee ass hei sécherlech d'Basis, spréch d'Léiere vu Schreiwen, Liesen a Rechnen, wéi och Allgemengwëssen. Fir dass no all Kand gekuckt ka ginn, ass et dofir wichteg, dass d'Effectiffen an de Klassen, mat duerchschnëttlech 15 Schüler, wéi et gesot gouf, net ze héich sinn, fir dass beschtméiglech no all eenzel Kand ka gekuckt ginn. An ech si frou, dass dëst och dës Kéier erëm respektéiert gouf. Souguer Éischt Hëllef steet um Programm, e Punkt, dee sécherlech ganz wichteg ass, well et weess een ni, wéini een et ka gebrauchen, fir spéiderhin eventuell Liewen ze retten.

Well d'Kanner mir wichteg sinn, wäert ech selbstverständlech och all Invest an eis Kanner wéi an hir Zukunft ënnerstëtzen. De Projet Alpha fannen ech zum Beispill eng gutt Saach an et ass fir mech eng Plus-value an eis Gesellschaft. Kanner, déi net Lëtzebuerger sinn oder déi däitsch Nationalitéit hunn, an éischter aus francophone Famillje kommen, sollen déi selwecht Méiglechkeet kréien, fir ze léieren, ze rechnen, ze schreiwen an ze liesen, wéi se och eis Kanner hunn. An ech sinn dofir och frou, wéi d'Madamm Thoma et och scho gesot huet, dass mir hei d'Chance zu Diddeleng hunn, fir do bei dësem Projet mat Virreider ze sinn.

Op dëser Plaz wëll ech dann awer och vu menger Säit nach eng Kéier besonnesch e ganz grousse Merci un eist Schoulpersonal ginn an och un all aner Acteuren, déi hiren Deel dozou bäidroen, fir datt an eise Schoulen esou gutt no eise Kanner gekuckt gëtt an hinnen dat néidegst Wësse vermëttelt gëtt, dat si fir en optimale Start an d'Zukunft brauchen. Ech wollt dann awer och nach eng Kéier kuerz zum Iessen ze schwätze kommen. Ech si jo och selwer Papp vun zwee Kanner, déi och d'Chance hunn, hei zu Diddeleng an enger Schoul ze sinn, wou direkt dann och eng Kantin dobäi ass. Selbstverständlech freeën se sech net ëmmer iwwer all Menü, mee et ass awer och emol scho virkomm, dass se extra gefrot hunn, fir däerfen an der Schoul ze iessen, well da grad hire Liblingsmenü um Plang war an deen huet hinne scheinbar da besser geschmaacht wéi dat, wat ech doheem gekacht hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer. Ech mengen, dann hätte mer den Tour vun deene verschiddene Fraktioune gemaach. Ech soen Iech Merci, generell fir Är Remarken, respektiv och Är Zoustëmmung, et huet een awer eraushéieren, dass déi duerch déi ganz Bänkbreet geet. Elo si vläicht och eng Rei Froen ze beäntwerten, souwuel vun der Regionaldirektioun, wéi awer och vun eise Gemengeservicer, respektiv och déi méi politescher Natur, vum Josiane Di Bartolomeo-Ries, respektiv wäert ech selwer och nach op e puer Punkten agoen. Ech weess net wie vun Iech wëll ufänken, Här Michaux.

JOËL MICHAUX (DIREKTER VUM ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL): Okay, Merci fir d'Wuert. Wéi all Joer wollt ech fir d'éischt selbstverständlech allen Acteuren, déi am Sënn vun eise Kanner schaffen, Merci soen. Ech zielen se elo net alleguerten nach eng Kéier op, mee dat hutt Dir alleguerte gemaach. An dem Här Steffen e besonnesche

Merci fir d'Prezisiounen. Ech mengen, dat hëlleft schonn, de Wording, a mir wäerten och an Zukunft weider zesumme schaffen. An ech mengen och, dass mer eng uerdentlech Rentrée wäerten hunn, wou de Schoulsport weider wäert promouvéiert ginn. An da kucke mer dat.

Ech géif vläicht ufänke mat eppes, wat eis am Moment immens vill Aarbecht kascht, wat awer a mengen Ae mat dee wichtegsten Dossier ass, dee mer am Moment traitéieren. Dat ass de Projet Alpha. Mir trennen d'Kanner do net. Grad an deem Projet ass Lëtzebuergesch d'Integratiounssprooch. Well an allen Niewefächer gëtt just Lëtzebuergesch geschwat a mir trenne just a Sproochegruppen. Am Moment hu mer de Fall, dass mer Kanner, déi dem Däitsche ganz, ganz wäit ewech sinn, op däitsch alphabetiséieren an do schwätze mer wärend deene Stonnen Däitsch mat de Kanner an do ass Lëtzebuergesch net d'Integratiounssprooch. Et ass grad de Contraire, wat mer wëllen erreechen. A Lëtzebuergesch ass a soll verstäerkt d'Integratiounssprooch vun deene Kanner sinn a bleiwen.

Vläicht e puer Andréck vum Projet Alpha am Moment, well et gouf och vill iwwer Allongementer geschwat. Mir hunn innerhalb vun engem Joer d'Allongementer am Cycle 2 ëm d'Hallschent reduzéiert. Et ass ze fréi fir do déi kloer Réckschlëss erauszezéien, well et ass eng Kohort, an awer ass et signifikant, et ass d'Hallschent, an dobäi sinn nach zwee Kanner, wou mer der Meenung sinn, dass se net richteg orientéiert goufen, well d'Elteren net adheréiert haten, plus zwee Primo-arrivanten, déi en cours de route an d'Schoul koumen. Also, dat ass awer en Tri, wann deen esou weidergeet, dat si real facts dee Moment. Ech insistéieren och ëmmer, dass de Projet Alpha net nëmmen de Grupp ass, deen op Franséisch alphabetiséiert, mee mir hunn eeben déi selwecht Constaten am däitsche Grupp, wou d'Metasprooch mat de Kanner eng ganz aner ass. Ech mengen, ech hu 25 Joer do geschafft. Ech weess schonn, wéi dat do war an ass an och do avancéiert de Grupp einfach vill, vill méi séier am Däitschen.

Bon, elo kënnt deen nächsten Challenge op eis duer, den 31. Mee, ech si ganz confiant. D'Enseignante si wierklech do ganz dohannert. Mir maache grad den Tour vun alle Schoulen, ech spieren do ganz vill Wëllen, fir sech elo schonn drop ze preparéieren. D'Madamm Di Bartolomeo hat et ugedeit, mir hunn den Tour vun de Gebailechkeete gemat. D'Fro no de Knackpunkten, ech muss éierlech gesot soen, dass mer déi zu Diddeleng am Moment net gesinn. Déi kleng Schoulen, déi als Risiko identifizéiert goufen, sinn de facto keen, well mer e SEAs-Agrement op Raimlechkeeten hunn oder einfach fräi Raimlechkeeten. Hannendru bleift just nach, an da si mer beim Contingent, d'Ëmrechnen. Wa mer zum Beispill just eng Klass 2.1 hunn, musse mer de Grupp doubléieren, dat heescht mir wäerte Contingent vum Ministère bäikréien. Dat heescht, mir kënnen och net einfach nëmmen an enger globaler Contingentsrechnung bleiwen, mir sinn amgaangen, dat national ëmzeorganiséieren, well do wäert all Gemeng, deelweis all Schoul, d'Konstellatioune si jo ënnerschiddlech, dat dem Ministère proposéieren, fir Stonne bäizekréien. Dat ass alles an der Planifikatioun. Ech mengen, esou vill zum Projet Alpha. Dat mécht am Moment säi Wee an da musse mer elo de legislative Prozess ofwaarden, dee jo parallel leeft an de parlamentaresche Stand ofwaarden, wéi dat elo weidergeet.

Spezifesch vläicht zum C1, jo, ech bestätegen dat, mir hunn och den Androck an d'Zuelen, déi ech elo haut net liwwere kann, well wann ech och nëmmen ee Kand géif vergiessen, wär dat net seriö, ech wäert déi awer noliwweren. Mir hunn déi selbstverständlech. Mir hu schonn den Androck, an d'Zuele beleeën et, dass mer am C 1 ganz vill Kanner mat Besoin-specifiquen hunn, notamment vun engem Spektrum. Jo, et ass eng Realitéit, déi awer och national, mengen ech, um selwechte Wee ass. Et steet mir elo hei wierklech net zou, national Problematike mat Kompetenzzenteren, wann se da sollten existéieren, unzeschwätzen. Mir sinn hei, an do schwätzen ech elo just fir Diddeleng, duerchaus beméit den administrativen Opwand ganz kleng ze halen. Mir haten och net méi spéit wéi virun zwou Wochen Entrevuë mat der Logopedie a mam Lucette, fir Testbatterië spezifesch fir den C1 ze entwéckelen, wou den Diagnostik einfach vill méi séier a méi prezis granuléiert stattfënnt, wéinst der Sprooche ganz einfach. Dat heescht, och do si ganz vill Beméiungen ënnerwee, wou mir natierlech och zu Diddeleng dovunner wäerte profitéieren. An dann nach eng Kéier, ech weess, dass do Enseignante laang waarde mussen.

Bon, ech hoffen, dass et net un eis läit, heiansdo mengen ech awer och, dass mer d'Inklusioun weider sollten ënnerstëtzen. A mir sinn awer och frou, wa mer net ze vill Kanner an e Kompetenzzenter setze ginn, mee éischter eng ambulatoire Hëllef aus engem Kompetenzzenter kréien, wou mer d'Kanner an eise Klasse kënnen halen. Dat ass dat selwecht, wéi dat fir den Accueil ugeschwat gouf. Do si mer an deem selwechte Modus vivendi, mir scolariséieren direkt. Ech wëll dat net, dass d'Kanner iergendwou sëtzen. Hei léieren se Kanner kennen, se kréie Frënn, och do d'Integratiounssprooch erëm an esou weider an esou fort. Allongementer, selbstverständlech hunn ech déi Zuelen, an dat ass elo e gudden Zoufall, well mir haten de Moien eng Reunioun, wou mer eis dat als Optrag ginn hunn, fir d'Rentrée, fir d'Allongementer ze granuléieren a prezis auserneenzehuelen, ass et e Maturitéitsproblem, ass et e Sproocheproblem, wat opgrond vun Alpha souwisou muss gemaach ginn, a mengen Aen, soss hu mer duerno keng kloer Statistik hannendrun. Dat heescht, dat ass an der Maach, dat kann ech quasi verspriechen.

D'Admission anticipée an deem Sënn vis-à-vis vum Secondaire, och do hu mer ganz genau Zuelen, déi kann ech an deem selwechte Package noliwweren. Dat ass net iwwerméisseg vill, dat kann ech soen, an et ass awer wéi, wéi s Du gesot has, oft bei Kanner, wou d'Enseignanten eis signaliséieren, boah, och mat engem Joer méi wäerte mer duerno de Sockel an engem Cycle 4 net erreechen, komm mer loossen d'Kanner méi séier avancéieren. Mee mir kucken, wann d'Enseignanten Zweifel hunn, da kucke mer d'Fäll souwisou mat hinnen zesummen. Also, mir sinn do awer relativ prezis. Mir loossen net einfach wiesselen, gellt. Dat ass e Listing, dee ganz fréi vun eis ugefrot gëtt a wou ee vun eis och ëmmer ganz prezis mat den Enseignanten traitéiert. Ech hoffen, dass dat d'Äntwert ass.

Zu den AEBSen. D'Rekrutéiere leeft grad. Mir wäerten, bon, ech gesinn deen natierlech éischter, dat ass da menger Roll als President geschéllt, den nationale Listing. Mir wäerten dräi Schoulen zu Diddeleng mat AEBSe besetzen. Dat hänkt awer vum Listing of, deen elo kënnt, gellt, den Demanden. Ech weess net, ob mer do dräi Leit fannen, déi mer als recevabel, dat ass jo dat, wat hannendru kënnt. Mir haten en éischte Jet mat véier Leit, déi mer fir d'ganz Direktioun rekrutéiert hunn. Deen ass exzellent. De Retour aus de Schoulen ass äusserst positiv, wat mech natierlech immens frou mécht, well ech no deene Leit gefrot hat, scho viru méi laangem. Also dat schéngt mer e flotte Modell ze sinn. A wéi gesot, dräi Schoulen. Mir hunn awer zousätzlech dozou, an dat muss een awer vläicht hei erwänen, och nach DAP-Inclusion an eise Schoulen, déi duerno natierlech eigentlech deen dote Profil solle ginn, wou mer da weiderhi kéinte rekrutéieren. Där sinn der och an de Schoulen. Déi sinn entweeder an engem Stage oder kommen dräi Mol d'Woch schaffen. Dat heescht, do ass och nach e Surplus vu Ressources humaines.

An da wollt ech nach vläicht eppes, well et ugeschwat gouf, zum ONE soen. Et ass keen Zoufall, dass wa mer eis nei Lokalitéite wäerte bezéien, den ONE mat eis matgeet. Dat heescht, déi Collaboratioun mam ONE ass extreem enk. An och en vue vum Jugendschutzgesetz, mat den Informations préoccupantes wäert dat souwisou - wann dat dann iergendwann duerchgeet - awer eng zentral Ulafstell ginn. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Här Michaux. Wëllt den Här Michel nach eppes bäifügen oder den Här Hoffmann kann och nach ganz gären op verschidde Remarken a Froen, déi gemaach goufen, agoen.

TOM MICHEL (CHEF VUM SCHOULSERVICE): Jo, ech mengen et waren nach e puer Froen, déi e bësse méi spezifesch PEP-laaschteg waren oder Maison Relais. Bon, zu den Transporter, jo, et ass wouer, dass nach eis dräi Sitte verstäerkt ginn, awer net ze vergiessen, dass mer aus dem Brill och an d'Waldschoul gi mat deene Groussen. Dat ass eeben an deenen dräi Fäll d'selwecht Explikatioun. Mir hunn net genuch agrementéiert Plazen, fir all déi Kanner do ze accueilléieren. Bei der Gaffelt just eng kleng Korrektur. Also 215 ass den Agrement a méindes, mëttwochs a freides deplacéiert d'Demande, déi mer duerch d'Personal ofgedeckt kréien, déi 215. Dofir gi mer nach weider an der Ribeschpont mat däitlech manner Kanner. Mir waren am Ufank vum lafende Schouljoer eigentlech vu méindes bis freides op fënnef Deeg. An am Januar hu mer dat geännert, do hu mer dat reduzéiert, soudass eigentlech elo déi fënnef Deeg an der Gaffelt selwer ongeféier déi selwecht Zuel Kanner sinn, wat och vun der Organisatioun hier geet. Mee déi 215 deplacéiere mer och an dësem September an dofir, fir awer all déi Kanner ze accueilléieren, maache mer dat esou weider.

Deich, bon, Deich ass eng kleng Nuance. Ech mengen, jo, d'Kanner ginn net an deem Quartier, an d'Maison Relais, wou se an d'Schoul ginn. Mee bon, et ass awer och Strutzbierger Personal. Déi Kanner sinn awer och ganzdaags, wat d'Betreiung betrëfft, an net wéi déi aner zwee Transporter, nëmme fir d'Mëttegstonn an engem anere Gebai. Dat heescht, do ass de Strutzbierg schonn hir Maison Relais, quitte dass et elo net ganz am Quartier ass, mee si gi jo an engem Alter eriwwer.  Butschebuerg, wéi gesot, ass e bëssen de selwechte Fall. Mir hunn en Agrement vun 109 a mir hunn der däitlech, däitlech méi. Also iwwer 30 Kanner méi, déi mer awer wëllen eranhuelen. Mir kënnen se jo net op eemol am fënneften, sechs Schoul soen, d'Eltere sollten eens ginn oder d'Kanner.

Zum Precoce, ech mengen, dat gouf elo vun alle Facetten e bësse beschriwwen, dëst Joer nach méi héich, dass d'Kanner bleiwen. Et ginn zwar e puer Aspekter, ech mengen et ass engersäits, wat elo vläicht net genannt ginn ass, niewent dem Plurilinguismus, deen an der Crèche souwisou ofgedeckt gëtt, an der Maison Relais, fir de Precoce muss en dat elo net an der leschter Instanz, well et, well mer nëmme Kanner huele vum Grupp E an do gëtt de Plurilinguismus jo an der Schoul ofgedeckt, well mer och nëmmen déi Kanner huelen déi ganz kommen. Ech mengen, iwwert d'Waardelëscht, d'Madamm Di Bartolomeo-Ries hat jo Prezisioune gesot, jo, sécherlech, si ginn do, wou mer net exklusiv e Grupp vu Precoce hunn, well eng oder zwou Schoulklassen do sinn, ginn se natierlech och an der Iesssituatioun mat Kanner, déi zwee Joer méi al si, gemëscht, mat C 1, dat ass vläicht och en Aspekt, wou d'Eltere mol soen, dass se do net esou begeeschtert sinn, awer et däerf een och net vergiessen, dass mer munch Kanner hunn, déi vläicht an dësem September an de Precoce ginn, awer nach eng Séchter an eiser Crèche hunn, an d'Elteren och vläicht aus praktesche Grënn awer soen, okay, da ginn ech meng zwee Kanner op déi selwecht Plaz sichen, zumindest nach dëst Joer. Also, dat Phenomeen hu mer och, wéi gesot.

De PEP, villmools Merci, ech ginn och do de Merci un eis Ekippe weider, well déi hunn dat doten erschafft, mir dokumentéieren dat ëmmer erëm a mir setzen dat e bëssen a Form, fir dass dat digeste ass. Mee ech mengen et ass hir Aarbecht zesumme mat de Schoulpresidenten. An do schléissen ech mech nach eng Kéier och un dem Här Michaux seng Wierder un, fir de Merci un all Acteuren. Bon, wann zemools am Reseau Institutiounen oder verschidden Organismen opgezielt ginn, dat ass ni e Ranking, dat ass ni eng Ranglëscht vun der Importenz, wann een deen als éischten oder als drëtten nennt, wuelgemierkt, wann och vläicht punktuell een oder anere vergiess gëtt zwëschent Guillemeten, spréch Médecine scolaire, si mer op all de Sitten an dem Austausch an an der Zesummenaarbecht. Wann ee scho seet 61 PAIen, dat betrëfft all École fondamentale an ergo och alleguerten eis Maison Relaise bis och an d'Crèchen, wou se och dann hierkommen, à l'origine.
Transitiounen, jo, ech mengen d'Transitiounen ass e bësse méi e breetgefächert Theema. Et huet ee vläicht méi Transitioune vu Verännerunge vum Gebai, Verännerunge vum Personal am Kapp. Mee et ginn esou vill Transitiounen, Mikrotransitiounen innerhalb vun dem Alldag vum SEA, wou mer musse virbereeden. An déi Kanner, déi och spezifesch Bedürfnisser heiansdo hunn an och Schwieregkeeten hu mat Verännerungen, ëmmer erëm preparéieren. Och do ass deen Echange mat den Enseignantë beim Ofhuele vun

de Kanner, Zeréckbréngen, mëttes an der Schoul, eminent wichteg. An dat gëtt gepflegt, dat ass vläicht net iwwerall sou ernimmt am PEP. Mee wéi gesot, mir loosse jo och do den Ekippen zesummen, der Schoul mat de SEA-Ekippen, wat den Inhalt ugeet, Gestaltungsfräiheet. A vläicht ass net ëmmer alles iwwerall widderholl, mee et fënnt awer schonn iwwerall statt.

Jo, offe Schaffen, nach e Wuert dozou, dat war jo och ugeschwat ginn. Jo, offe Schaffen ass eppes, wat pronéiert gëtt vum Ministère de l'Éducation nationale, de Volet vun der non-formaler Bildung. Dat soll eeben de Kanner d'Méiglechkeet ginn, a verschiddene Momenter méi oder manner oppen ze schaffen an hinnen d'Méiglechkeet ginn, där Beschäftegung, wéi mir vläicht och alleguerten och fréier gespillt hunn, nozegoen. D'Kanner orientéieren sech do un Theemen, si orientéieren sech awer och u Mënschen. A wa mir mierken dat Phenomeen- virun allem wann d'Leit emol e bëssen d'Säll wiesselen iwwert Wochen, et ass net ëmmer am selwechte Sall, déi selwecht Offer ubidden - dass d'Kanner deenen och e bëssen noginn. Natierlech ginn et Momenter, speziell an den Iesssituatiounen, wou mer déi héchst Effectiffen hunn, wou mer och higinn, dass mer e bësse méi semi-ouvert schaffen, dat heescht an Duerchgäng iessen, fir dass d'Kanner och alleguerten ongeféier déi selwecht Zäit hunn, fir ze iessen. Dat ass och wichteg, ech mengen, do ginn et verschidden Nuancen, déi och heiansdo der Saach geschëlt sinn. Hu mer en Transport, hu mer en Deplacement vu Kanner oder hu mer e minimalen Zäitdrock, wou mer awer - speziell méindes, mëttwochs a freides- mussen ëm eng gewëssen Zäit ofgeschloss hunn.

Dat heescht, do gëtt et och Nuancë vun oppenem Schaffen. Oppe Schaffen ass kee Laissez-faire an Dir kënnt net dorëmmer renne wéi an engem Seechomessekoup, dat ass scho geziilt. An natierlech ginn et och am Nométteg Projeten an Aktivitéiten, déi net nëmmen am PEP stinn. An do mussen och d'Kanner heiansdo Choixen huelen, wéi jiddwereen am Liewen. Et ass net andauernd, dass ee ka maache wat ee wëll. Mee wéi kënne mir de Kanner den Horizont erweideren, wa mer net Saache proposéieren, wou se Choixen huelen? A wéi kënne mer nëmmen deen Aha-Effekt erreechen, dass se soen, oh vreck, dat doten ech nach net kannt, dat dote war flott. An dat geet nëmmen, wa mer och Contenue presentéieren, wou se Choixen huelen an zu anere Momenter natierlech kënne selwer Choixen treffen. Voilà. Ech mengen ech hätt domat alleguerten d'Froen abordéiert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Merci, Tom Michel.

JOËL MICHAUX (DIREKTER VUM ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL): Jo, Merci fir d'Wuert, nach vläicht och e puer Prezisiounen. D'Madamm Kayser hat gefrot, ob d'Elteren uginn, wann d'Kanner scolariséiert ginn, ob d'Kanner e Besoin hunn, iergendwéi Allergien oder soss eppes hunn. Éischter seelen, sinn et der elo net vill insgesamt oder, wéi gesot, wëllen se et vläicht net uginn? Also et wäerten der jo fir den C 1, fir d'Spillschoul, bei 200 Kanner, do wäerten der vläicht eng Handvoll sinn, ech hunn elo keng Zuelen awer, also dat ass éischter seelen.

Da war nach d'Fro, d'Kanner, déi elo am Baltzeng sinn, déi elo am éischte Joer Spillschoul sinn am Baltzeng an och am éischte Schouljoer Baltzeng, déi bleiwen och zesummen natierlech, also déi ginn an de Container Brill a bleiwen och do zesummen, also déi ginn net gemëscht op alle Fall. Also si ginn och esou eriwwer an de Container. A vläicht nach eng Prezisioun zum Här Steffen. Ech weess net, wat war d'Fro, separate Reseau, Schoul an Enseignanten, do weess ech just elo, dat hunn ech och net parat, do weess ech, et ass awer e Projet am Brill leeft, wou d'Enseignanten e Wi-Fi-Reseau ageriicht kruten an, bon, wéi wäit deen ass, dat muss ech nofroen, mee dat leeft momentan.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci villmools, och fir déi dote Präzisiounen nach. An da ginn ech d’Wuert weider un d’Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, voilà, villmools Merci. Ech probéieren elo nach déi Saachen, déi vläicht nach net beäntwert gi sinn, ze beäntweren. Allgemeng stellen ech awer fest, datt mer eng gutt Schoulorganisatioun presentéiert hunn. An och virun allem ass et ganz wichteg, datt mer an der Schoulkommissioun och ganz vill an offen diskutéieren. Ech mengen, och den Här Steffen mat der drëtter Sportstonn, mir hunn dat gutt diskutéiert. D'Presidente konnten och hir Meenung dozou soen. Ech mengen, dat si Facteuren, déi weisen, datt mir hei alleguerten un engem Strang zéien an net ee géint deen aneren.

Vläicht zum Wi-Fi-Reseau. Et ass richteg, am Brill si se amgaangen, si maachen e separate Reseau, wou och de Schoulmeeschter ka mat sengem private Gerät op de Printer goen. An dat leeft awer, well d'Mail, déi ech krut an do waren se schonn amgaangen, dat war den 8.7.2024, sou datt ech mengen, de Projet wär ofgeschloss. Ech kann et awer gär nach eng Kéier nofroen. Dat wäert och iwwerall esou sinn, well et ass ganz schwiereg, d'Schoulmeeschtere schaffe mat hire private Geräter. Duerfir hu mer en extrae Reseau, soudatt si och kënnen do printen.

Da vläicht d'Schwieregkeeten, et ass zwar scho gesot ginn, d'Schwieregkeete fir de Projet Alpha ëmzesetzen, den Här Zuang huet och gefrot, wou sinn d'Schwieregkeeten? Mir hunn eigentlech net wierklech Schwieregkeete festgestallt. Well ech mengen, an dat ass jo de Plus zu Diddeleng, mir schaffen immens gutt mateneen. Dat heescht, och wann eng Kéier e Mangel wär, d'Maison Relais, den Här Hoffmann an den Här Michaux, si hunn den Echange. An do kann och ee vun deem anere vum Sall profitéieren. Do stéiert jo keen deen aneren. Duerfir, mir si richteg gutt opgestallt. Et huet ee vläicht emol ee méi ee klengt Gebai, mee am Prinzip mengen ech awer, datt am Gros dat gutt fonctionéiert.

D'Transporter, jo, ech weess, et ass net jiddweree frou iwwert d'Transporter. Ech soen Iech awer elo einfach e Beispill. Mir kréien an der Gaffelt 240 Demanden, et sinn nëmmen 215 Plazen. Loosse mer déi Kanner dann doheem a mir op enger anerer Plaz kéinte mer se ophuelen. Dat heescht, mir huelen se dann op an transportéieren se op eng aner Plaz. D'Alternativ wär, se einfach net unzehuelen,

well an der Gaffelt keng Plaz ass. Dir wësst, mir huelen se nach ëmmer vu Quartiersschoulen a wann eng Maison Relais voll ass an déi aner nach Plaze fräi huet, da maache mer en Transport. Well ech mengen, datt d'Eltere méi dovun hunn, wann se Kanner an der Maison Relais hunn, wéi datt se guer keng Plaze kréien.

Dann d'Iessen. Jo, do gëtt vill driwwer diskutéiert. Deen ee seet et ass gutt, deen anere seet et ass schlecht. Ech mengen, den Här Zwang, dee geet och ëmmer erëm kucken an d'Kantinnen an d'Iessen, ob et gutt ass. Mir halen eis un dat wat Sicona eis virschreift. Also, ech mengen, mir ginn eis ganz, ganz vill Méi. Mir mierke bei verschiddene Kanner, déi hunn net gär gemëscht, Geméis an Nuddelen oder esou. Dat ass schwiereg. Mee ech mengen, datt mer do ganz vill dru schaffen an och ganz vill scho geännert huet. Soudatt ech géif soen, do wäre mer gutt.

D'Presentatioun Deich, wéi gesot, do si mer vläicht net wäit genuch, mee soubal mer wësse wou a wat, kritt Dir dat natierlech selbstverständlech virgestallt, wat mer eis do virstellen. Handyverbuet an de Schoulen oder och an de Maison Relaisen, ech mengen, dat ass guer keng Diskussioun. Mir hunn och elo an der Maison Relais alles festgehalen. Mir applizéieren dat schonn esou, wéi dat och virgeschriwwen ass. Visite Centre Formida, weess ech elo nach net, mee wat war dat? Dann, Groupe de travail informatique an de Schoulen, dee klappt ganz gutt. Dat ass e ganz flotte Grupp, do sëtzt och Léierpersonal dran, souwuel och vum Här Michaux senge Leit dran an eise Chef vun den Informatiker, also dat fonctionéiert richteg gutt, déi kommen och ganz gutt weider. Voilà, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries. An ech wollt nach vläicht op e Punkt agoen, wat virdrun iwwert den Observatoire social geschwat gou. Dat ass, mengen ech, dee Punkt, wou mer jo hei eng Kéier am Gemengerot haten, wou mer jo och eng Konventioun hu mam LISER, fir e bëssen déi sozial Radiographie hei zu Diddeleng kënnen ze beliichten. Dat hate mer jo och hei beschwat. Dat huet jo och de Support vum Gemengerot kritt, fir dat ze maachen. De LISER huet eng Expertise natierlech, wat d'Erstelle landeswäit vun de Contingenten effektiv pro Gemeng eebe geet. Mee dat, wat mer jo hei maachen um Observatoire social, dat geet jo méi wäit wéi nëmmen de Contingent. Ech mengen, dat kann ech mech erënneren, wéi mer dat hei virgestallt hunn. Do geet et ëm déi sozioekonomesch Situatioun hei zu Diddeleng. Do geet et generell och ronderëm d'Aarbecht, d'Aarbechtswelt, wéi d'Leit hei zu Diddeleng schaffen, wou se schaffen, awer och, wéi vill Revis-Empfänger et ginn, awer och de Volet vun der Gesondheet natierlech, Schoul.

Also, et sinn eng ganz Rei Parameteren, déi, wéi gesot, hei beliicht ginn am Kader vum Observatoire social, wou jo an enger éischter Phas och e bësse méi e generelle Rapport gemaach gëtt, a mir mat hinne jo och esou verbliwwe waren, dass mer, a Fonctioun vun der Evolutioun, och méi spezifesch Rapporte kënne maachen, och méi spezifesch Thematike kënnen och erausschielen. Dat kann zum Beispill d'Situatioun vun deene Jonken zu Diddeleng, d'Situatioun vun de Senioren zu Diddeleng, voilà, d'Situatioun vun de schaffende Leit sinn, wéi gesot.

Ech mengen, do kann ee sécherlech herno a Fonctioun vun de Resultater ganz gär nach méi an d'Déift goen. De Fazit ass awer och, dass de LISER de Moment u ganz villen Donnéeë schafft. Engersäits un der Banque de données, déi mir selwer als Gemeng hunn, wou se zur Verfügung gestallt kréien, respektiv awer och- an ech mengen, hei schaffen se net anescht wéi och an anere Gemengen- hunn se natierlech och den Accord gebraucht vun der IGSSS, fir och do eng Rei Informatioune kënnen ze kréien, déi dann och natierlech selon les règles de l'art, selon le règlement de la protection des données kënne gekuckt an analyséiert ginn. Also, wéi gesot, de Contingent ass nëmmen ee ganz klengen Deel vun där ganzer Aarbecht, déi de LISER am Kader vum Observatoire social mécht. An ech mengen, dass hei de Contingent festgehale gouf, dat ass jo indépendamment vum Observatoire social, vun där Konventioun, déi mir hei haten. Also, wéi gesot, déi zwee sinn net mateneen ze vermëschen, well hei de LISER ganz konkreet en aneren Optrag kritt huet wéi dee vum Contingent. Natierlech hëlt een déi Saache mat eran. An dat Ganzt, dat gehéiert jo och dozou.

A wéi gesot, mir hunn och deemnächst eng Reunioun mam LISER geplangt. An ech mengen, do weisen se eis emol de Gros vun der ganzer Aarbecht, déi si gemaach hu vun der Recolte vun den Donnéeën, déi éischt Auswäertungen. A mir ware jo och esou verbliwwen, dass mer nach eng Kéier géifen an den informelle Gemengerot kommen, wou mer Iech dann och éischt Resultater da géife weisen. Mee, wéi gesot, et ass natierlech ganz vill Aarbecht, wat d'Kollekt an d'Analys vun Donnéeën ugeet an och déi néideg Methodologie, déi och hei muss virleien, fir dass een och déi néideg Aktiounen a Mesurë kann huelen. Voilà, dat awer nach e bëssen zu den Erklärungen, well effektiv gefrot gi war, wou de LISER mat senger Aarbecht drun ass.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Ech wollt dat nach eng Kéier widderhuelen. Dat ass, indépendamment vun deem, wat de LISER mécht, kann d'Gemeng - dat hat deemools den Här vum LISER mir och gesot op meng Fro- kann d'Gemeng, also de Schäfferot, eng Demarche maache beim Minister fir eng Autorisatioun ze kréien, fir esou eng intrakommunal Analys ze maachen, fir de Contingent festzeleeën, pro Quartiersschoul? Ech kann dat vläicht Iech nach eng Kéier mat op de Wee ginn, dass Dir dat vläicht nach eng Kéier nofrot, ob een dat vläicht awer scho ka mat op de Wee ginn, fir dat vläicht bei där méi spezifescher Analys mat en consideratioun ze zéien. Well, wéi gesot, zu Esch huet dat awer och e bësse gehollef, fir eeben och nach méi spezifesch ze kucken, wéi eng Besoine sinn, pro Quartier.

Also, wéi gesot, den Här vum LISER huet gesot, déi Demarche muss vum Gemengeresponsabel un de Ministère de l'Éducation goen, fir eng Autorisatioun ze kréien, fir dass de LISER bei der Eraarbechtung vum Contingent eng intrakommunal Analys däerf maachen. Et ass e bësse méi komplex, mee ech mengen, et kann een et emol nach eng Kéier mat op de Wee ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Ech mengen, dass och esou Saache sécherlech och scho virleien, well net méi spéit wéi virun e puer Wochen, huet jo den Observatoire national jo och e bëssen eng Aarbecht gemeet iwwert de Contingent. Ech hu mer jo selwer beschaaft an do ass och deelweis Diddeleng mat dran. Mee net nëmmen Diddeleng. Dat ass den Observatoire de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire an do fënnt ee schonn eng ganz Rei Informatiounen dran, wann een sech och mat auserneesetzt, insgesamt wat Diddeleng betrëfft am Verglach mat anere Gemengen, wou iwwert d'Jore gekuckt gëtt, wéi de Contingent evoluéiert huet bei enger ganzer Rei Krittären, respektiv awer och d'Analys, wéi grouss effektiv och de Contingent ugeluecht ass, a Fonctioun vun der sozioekonomescher Situatioun hei an Diddeleng. Also, ech kann dat nëmme recommandéieren, et ass en thematesche Rapport, dee gemeet ginn ass vum Observatoire national, deen och an der Press hei virgestallt gouf, also dee generell de Contingent traitéiert, wéi en etabléiert gëtt, wat seng Virdeeler sinn, wat seng Nodeeler sinn, wat seng Limitte sinn. Et kann een sech ganz gären effektiv do aliesen. Et ass keen oninteressant Dokument.
Här Steffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech hätt nach eng Réckfro. Ech mengen ech hunn se och einfach e bësse blöd gestallt, well ech net gekuckt hunn, op e Kopfnicken do war. Ech hat gefrot, am Kontext vun der Motioun a vun deem Abschnitt, ob mir dat richteg verstanen hunn, dass dësen Abschnitt eréischt fir d'definitiv Schoulorganisatioun am Hierscht géif an d'Schoulorganisatioun stoe komm. Hat ech elo keng Äntwert drop kritt, respektiv e Kopfnicke vläicht net gesi virdrun. Da wollt ech awer nach eng Kéier sécher sinn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Also, mir hu jo gesot, datt den drëtt Sportstonn dran ass am Plan d'études, an dat hu mer esou festgehalen. Ech weess elo net, wat, also mir hunn eis elo hei e bësse concertéiert, wat d'Fro ass. Dat steet jo, dat ass jo am Plan d'études als Partie intégrante.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, genau. Mir hate jo de Plan d'études net fest, mee soe jo just, also mir hate lescht Kéier an der Diskussioun festgehalen, dass mer dat géifen, esou wéi d'Schwamme beispillsweis an engem Abschnitt festgehalen ass, dass mer do och géife kloer eis dozou bekennen, dass mer déi an eiser Schoulorganisatioun och esou drastoen hätten, virun allem well wann et net an den, well et jo net an all Horaire erëmzefannen ass, dass een dann awer iergendwou d'Preuve huet, voilà, et fënnt bei eis an der Gemeng an all de Schoule statt, mir bekennen eis dozou. Mir stellen d'Infrastruktur d'Bussen an esou, dat ass jo domat am Subtext da mat dran. Dat war jo dat, wou mer lescht Kéier am Fong och eise Konsens dozou haten, well soss hätte mer jo sech erëm den Ufanksstadium erreecht, wou mer einfach géife soen, mir loossen esou wéi et war a mir hunn am Fong näischt déi lescht Kéier decidéiert. Dat ass jo net esou wéi mir u sech virgaange waren.

JOËL MICHAUX (DIREKTER VUM ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL): Ma, ech denken, dass een einfach drasetzt, dass d'Schoulorganisatioun zu Diddeleng konform zum Plan d'études ass, an da sinn déi dräi Stonnen, déi mussen dra sinn, fäerdeg. An de Rescht ass eng Kontroll vum Ministère, dat ass Scolaria. Bezéiungsweis vu mir, well mir, dat ass wéi d'Presidentin d'lescht Woch gesot huet, nee virun zwou Wochen, mir schwätze jo och net iwwer siwen oder sechs oder véier Stonne Franséisch. Mee ech menge schonn, an do ginn ech der Rescht, dass ee sollt awer kloer draschreiwen, dass d'Schoulorganisatioun de Plan d'études respektéiert dass déi dräi Stonne gehale ginn. Voilà. Also, déi definitiv Schoulorganisatioun elo.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Jo, elo, hei ass déi provisoresch. Den Här Michel kann dat opschreiwen, datt mer dat esou da festhalen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, genau, well déi definitiv, déi geet jo just un de Schäfferot, déi ass jo net méi fir de Gemengerot, dat ass jo just déi provisoresch, déi duerch de Gemengerot geet.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dach, dach, Dir kritt et och.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Dir presentéiert se, mee theoreetesch stëmme mir jo just déi provisoresch, déi definitiv ass reng Schäfferot.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Mir hunn ëmmer déi definitiv Schoulorganisatioun, déi kënnt hei an de Gemengerot, do ginn et nach kuerz Stellungname vun deene verschiddene Fraktiounen, déi ëmmer ganz kuerz sinn.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Der maacht dat esou, genau. Mee mir missten et theoreetesch net maachen. Et géif duergoen, wann de Schäfferot et géif maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dir hudd jo suggeréiert, mir sollen et net maachen. Nee.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Dat ass eng gutt Zäit.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt nach eng Kéier an d'Vitrinn setzen, wéi demokratesch deen hei Prozess vun der Schoulorganisatioun hei gehandhaabt gëtt.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Ech däerf just, éier mer ofstëmmen, nach ee Wuert soen, et huet sech e Feeler ageschlach, mir hunn dat awer rektifizéiert. Dat zweet Dokument vun der Schoul, déi zweet Säit vun der Organisation scolaire, do steet definitiv. Dat ass provisoresch. Also mir hunn et scho geännert. Dat heescht, de stëmmt och iwwert d'provisoresch of an net, wéi hei um Blat steet, definitiv.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Gutt, Merci nach eng Kéier och fir déi dote Prezisioun. Ech mengen Dir wäerten alleguerten d'Froe beäntwert ginn. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn.

Wien ass mat der provisorescher Schoulorganisatioun souwéi se haut hei presentéiert an diskutéiert gouf, averstanen? ***Dat ass unanime.*** An do soen ech Iech och hei villmools Merci. An dann ass d'Séance publique eriwwer an da géife mer an de Huis clos iwwergoen. •

natur&ëmwelt
FLEEGESTATIOUN
FIR WËLL DÉIEREN

# Animaux sauvages en détresse

## Que faire?



## En cas de collision avec un animal sauvage dans la circulation routière

**Numéro d'urgence 113**
Signalez l'accident !

**Numéro d'urgence 112**
En cas de dommages corporels supplémentaires

**Sécurité personnelle:**
- Sécurisez le lieu de l'accident (triangle de signalisation), portez un gilet de sécurité, utilisez les feux de détresse
- Gardez votre calme !

**ANF**
Administration de la nature et des forêts
**(+352) 24 75 6 - 600**



## En cas de découverte d'un animal sauvage (blessé / orphelin)

**Contactez le centre de soins pour la faune sauvage à Dudelange**
- Pour une assistance et des conseils par téléphone
- Avant d'apporter un animal

**Heures d'ouverture:**

**Avril - Septembre (Haute saison)**
8h00 - 20h00

**Octobre - Mars (Basse saison)**
8h00 - 17h00

**Coordonnées:**

**(+352) 26 51 39 90**

49, rue de la Forêt
L-3471 Dudelange

centredesoins@ne-cds.lu
www.centredesoins.lu

## 4 «Wëlldéier Drop-off» Stations (accessible 24h/24 & 7j/7)

**En dehors des heures d'ouverture:**
Point de dépôt pour animaux sauvages en détresse, ouvert 24h/24 et 7j/7. Les animaux sont pris en charge par nos bénévoles du « Wëlldéierentaxi » et amenés au centre de soins à Dudelange.

**DUDELANGE**
49, rue de la Forêt,
L-3471 Dudelange

**NIEDERFEULEN**
25, rue de la Wark,
L-9175 Feulen

**JUNGLINSTER**
1, rue Emile Nilles,
L-6131 Junglinster

**CLERVAUX**
20, route d'Eselborn,
L-9706 Clervaux




**DONS**

**Vous souhaitez nous soutenir et nous faire un don ?**
Les dons peuvent être versés sur le **compte CCRALULL LU13 0099 7800 0090 0894** ou **par Payconiq**.
**D'avance nous vous remercions vivement pour votre aide !**

*n&ë – centre de soins pour la faune sauvage a.s.b.l. est une association reconnu(e) d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 10/01/2024.*



# BABYPLUS Dudelange

Eine Dienstleistung der Gemeinde Düdelingen in Zusammenarbeit mit der Initiativ Liewensufank

- für alle Familien in der Gemeinde Düdelingen, die ein Baby erwarten oder bekommen haben
- **kostenlose Information, Beratung und Begleitung ab der Schwangerschaft und während des 1. Lebensjahres des Babys**
- bei Ihnen zu Hause oder in einem Beratungsraum in Düdelingen
- kompetentes, einfühlsames und mehrsprachiges Team.

Für weitere Informationen und Terminvereinbarungen: Sie können uns entweder eine Nachricht auf unserem Anrufbeantworter hinterlassen, uns eine E-Mail schreiben, oder sich mit dem QR Code einschreiben. Wir melden uns schnellstmöglich bei Ihnen.

Un service de la commune de Dudelange en collaboration avec l'Initiativ Liewensufank

- s'adresse à toutes les familles de la commune de Dudelange, qui attendent ou viennent d'avoir un bébé
- **information, consultation et suivi gratuits à partir de la grossesse ainsi que pendant la première année de vie du bébé**
- à votre domicile ou dans un bureau de consultation à Dudelange
- équipe compétente, sensible, multilingue.

Pour plus d'informations et pour prendre rendez-vous, veuillez nous laisser un message sur notre répondeur, soit nous envoyer un e-mail, soit vous inscrire à l'aide du code QR. Nous vous contacterons dès que possible.

Um servico da câmara municipal de Dudelange em colaboração com a Initiativ Liewensufank

- para todas as famílias residentes em Dudelange que esperam, ou tiveram, um bebé
- **informação, aconselhamento e acompanhamento gratuitos a partir da gravidez e durante o primeiro ano de vida do bebé**
- em sua casa ou a um gabinete de aconselhamento em Dudelange
- equipa competente, sensível e multilingue.

Para mais informações e para marcar uma consulta: Pode deixar--nos uma mensagem no nosso voicemail, enviar-nos um e-mail ou inscrever-se utilizando o código QR. Entraremos em contacto o mais breve possível.

**Einschreibung ONLINE** Scannen Sie dafür diesen QR-Code mit Ihrem Telefon
**Inscription EN LIGNE** Scannez ce QR-code avec votre téléphone
**Inscrição ONLINE** Digitalize este código QR com o seu telefone

**Tél. : 36 05 97 30 • E-mail : babyplus@dudelange.lu**

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

BP 73 L-3401 Dudelange • T 516121-1
ville@dudelange.lu • www.dudelange.lu

/villededudelange /villedudelange

INITIATIV LIEWENSUFANK
DEBUT DE LA VIE - BEGINNING OF LIFE